



Ech wëll net nach eng Kéier... Mir hu ganz vill Aarbecht an eiser Kommissioun, ech wëll et soen. Ech wëll net nach Wochen a Woche verléieren, mech dorobber ze konzentréieren, op Froen, déi schonn x-mol gestallt gi sinn an déi dës Kommissioun, déi ech presidéieren, zum Deel iwwerhaupt net ugin, déi och keng Äntwerte kënne kréien. Da mussen mer fréier Ministeren doranner rufen, fir dat ze maachen. Sot eis wann ech gelift, wat fir eng Froe sinn da wierklech net beäntwert ginn, an da kucke mer, wat fir eng Kommissioun ass zoustänneg, an da muss een dat en connaissance de cause diskutieren.

Et ass jo ëmmer d'Recht vun all Fraktioun, fir ze froen: Mir hätte gären eng Kommissiounssëtzung, déi sech do an domadder beschäftegt. Mä wann ech gelift, maacht dat op eng Aart a Weis, datt mer net méi Zäit verléieren, datt mer geziilt kënne kucken, op dat ze äntwerten, wat nach vläicht opsteet. Mä ech mengen net, datt mer kënne tel quel déi 75 Froen nach eng Kéier an der Kommissioun diskutieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Här Bausch!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Also, Här President, ech wëll dem Här Boden soen, déi 75 Froe si prezis gestallt. An ech hunn der eleng a menger Interventioun zwou ganz konkreter gestallt, wou ech haut nach erëm keng Äntwert kritt hunn, déi och am Rapport PwC net traitéiert ginn, déi awer Schlëselfroe sinn an deem ganze Prozess hei, fir datt mer d'Wourecht eng Kéier erauskréien, wéi et da wierklech gaangen ass.

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Da sot mer déi Fro emol nach eng Kéier!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Ma dat ass déi Fro vun deene parallele Verhandlungen, déi gefouert gi sinn, wéi déi gefouert gi sinn, firwat se gefouert gi sinn a firwat sech net do koordinéiert ginn ass. Do steet an deem Rapport PwC näischt dran. An do ass an der Kom-

missioun näischt geäntwert ginn an do ass och haut erëm näischt geäntwert ginn.

Dir kënnt natierlech lech schwéierhög maachen, Dir kënnt lech blann an daf stellen a Froen net wëlle gesinn an och mengen, op d'Froe wär geäntwert ginn, déi net beäntwert gi sinn. Dat ass Äert Recht. Dat maacht Der jo méi wéi eng Kéier, wann Der net wëllt op Froen äntwerten, well Der vläicht och net kënnt drop äntwerten, ech weess et net.

Mä op alle Fall, et ass eis egal, an hei gesi mer jo, den Här Lux huet eng Propos gemaach, mir wärend nach bereet, déi unzehuelen, mä mir gesi jo awer hei, wou d'Schwieregkeete leien, Här President. An et ass och net fir näischt, datt mer duerfir alles schrëftlech erëm eraginn hunn.

Duerfir wär ech awer frou, elo eng kloer Äntwert ze kréien, wat mer dann elo maachen. Geet et an d'Richtung, datt mer et an d'Nohaltgkeetskommissioun ginn, jo oder neen? Dann zéie mer eis Motioun zrëck oder verweise se dohinne. Oder bleift et am Onkloeren? Wat ass der Majoritéit hir Meenung? Dat wéisst ech elo gären.

► **Une voix.**- Mir lehne se of.

► **M. le Président.**- Den Här Lux nach eng Kéier.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dir lehnt se of, okay.

(**Interruption**)

Da sot dat! Da stëmme mer of.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Loosse mer eis elo net emballéieren! Ech mengen, dass den Här Boden zu Recht seet: „Kommt, mir kucken déi Froen, déi opstinn, kommt, mir maachen en Dispatching, prezis, wat fir eng do bleiwen, wat fir eng Ministere concernéiert sinn, an da kucke mer, ob et all Kéiers muss Développement durable sinn.“ Et sinn och vläicht finanztechnesch Froen, déi dann an der Finanzkommissioun

kënne beäntwert ginn oder an der Wirtschaftskommissioun. Kommt, mir maachen deen Dispatching! Kommt, mir maachen dat ënner Kollegen.

Elo mat deene 75 Froen, sot eis, wat fir eng Froen net beäntwert sinn, an da maache mer en Dispatching an da maache mer déi Kommissiounssëtzungen an da kucke mer, wat fir eng Äntwerte mer do kréien.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Ass dat elo kloer? Den Här Wolter wénkt do: Neen, ech sinn net d'accord.

(**Interruption**)

Jo, ech wéisst et gär. Ech hätt gär hei kloerheet.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, ech verstinn iergendwou net. Et si 75 Froen un d'Regierung gestallt ginn, schrëftlech. Dovu sinn der schrëftlech beäntwert ginn x. Da bleift also en Delta y.

(**Interruptions**)

Sou. An deen Delta y soll d'Regierung schrëftlech wann ech gelift beäntworten. Et huet jo kee Sënn, dass mer elo nees...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dat ass eng aner Méiglechkeet.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- ...an déi sechst a siwent Kommissiounen ginn, dass mer an deene Kommissiounen nees ufänken ze diskutieren. Firwat hu mer dann déi 75 Froen opgeschriwwen? Déi hu mer opgeschriwwen, fir dass se beäntwert ginn. Also wär ech frou, wann deen éischten Deel, deen den Här Bausch gesot huet, dass mer eng Lëscht kréie vun deene Froen, dat heescht, wann Der déi dem President zoukomme loosst, dass deen déi der Regierung zoukomme léisst, an dass d'Regierung da schrëftlech dorobber äntwert, op déi Froen, déi nach net beäntwert gi sinn.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Ech hu kee Problem domat.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Voilà.

► **M. le Président.**- Nach den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, mir kënne mat all deene Propositionen averstane sinn. D'Haaptsaach ass, et kascht keng 200.000 Euro méi!

(**Hilarité**)

► **M. le Président.**- Also, et ass elo hei eng nei Proposition um Dësch, wou ech och mierken, datt e Konsensus driwwer ass, datt nach eng Kéier d'Vertrieder vun der Opposition géife kloer soen, wat fir eng Froen datt net beäntwert gi sinn. Si gi mir déi eran an ech ginn déi virun an déi dofir zoustänneg Ministeren. Déi äntworten dorop, an da misst eigentlech dee Punkt eng Kéier kënne ofgeschloss ginn.

Kënne mer esou verfueren?

(**Assentiment**)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Jo. Tipp-top.

► **M. le Président.**- Très bien. Da géif ech also d'Kollege vun der Opposition bieden, mer esou schnell wéi méiglech...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Déi kritt Der an zwee Deeg oder esou.


► **M. le Président.**- ...d'Lëscht vun deene Froen eranzeginn, déi nach net beäntwert gi sinn.

(**La motion n°1 de M. François Bausch est maintenue en suspens jusqu'à ce que le Gouvernement ait fourni les réponses aux questions en souffrance.**)

Domadder wär dës Punkt ofgeschloss. A mir kommen un d'Enn vun eiser Sitzung. D'Chamber kënnt muer um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(**Fin de la séance publique à 16.57 heures**)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

Sommaire

1. 6380 - Débat d'orientation sur la neutralité d'Internet

- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace: M. Eugène Berger*
- *Débat: Mme Diane Aehm, M. Ben Fayot, M. Claude Adam (dépôt d'une motion), M. Fernand Kartheiser, M. Jean Colombero, M. Serge Urbany*
- *M. Luc Frieden, Ministre des Communications et des Médias*
- *Motion 1: M. Gilles Roth (M. François Bausch et M. Jacques-Yves Henckes interviennent), M. Eugène Berger, M. Ben Fayot, M. Luc Frieden, M. Claude Adam, M. Serge Urbany, M. Eugène Berger*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

2. Débat d'orientation sur la mobilité transfrontalière

- *Exposé: M. Roland Schreiner*
- *Débat: M. Fernand Boden, M. Fernand Etgen (M. Claude Wiseler intervient), Mme Josée Lorsché (interventions de M. Jacques-Yves Henckes), M. Gast Gibéryen (M. Claude Wiseler et M. Camille Gira interviennent), M. Jacques-Yves Henckes (M. Claude Wiseler intervient), M. Serge Urbany*
- *M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures*
- *M. Serge Urbany (parole après ministre), M. Claude Wiseler, M. Georges Engel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Claude Wiseler et Etienne Schneider, Ministres.

(**Début de la séance publique à 14.03 heures**)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(**Négation**)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Um Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer d'Orientéierungsdebatt 6380 iwwert d'Neutralitéit vum Internet. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Aehm, den Här Fayot, den Här Kartheiser, den Här Colombero an den Här Urbany.

Als Éischt hiere mer den Här Eugène Berger als Rapporteur vun der Commission de l'Enseignement supérieur. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

1. 6380 - Débat d'orientation sur la neutralité d'Internet

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace

► **M. Eugène Berger** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, muss de Prinzip vun der Netzneutralitéit zu Lëtzebuerg gesetzlech garantéiert a verankert ginn? Dat war déi kruzial Fro, déi gestallt gouf bei enger Interpellatioun iwwert d'Netzneutralitéit, déi de Claude Adam de 17. November 2011 hei am Parlament initiéiert hat.

Fir dës Fro ze klären, huet dës Chamber deemools dunn eng Resolutioun gestëmmt, fir en Débat d'orientation an der zoustänneger Kommissioun ze preparéieren, fir de Sujet vun der Netzneutralitéit ze analyséieren a virun allem och fir eng Äntwert op d'Fro vun der gesetzlecher Regulierung vun der Netzneutralitéit ze fannen. Ech gouf dunn am Dezember 2011 als Rapporteur genannt an haut hunn ech dann d'Eier, fir lech de Bericht am Numm vun der Kommissioun ze presentéieren.

Virewech wëll ech och direkt e puer Mercië lassginn, dat un éischter Plaz un d'Sekretärin vun der Kommissioun, d'Anne Tescher, dat och eng regelrecht Expertin fir dee Sujet am Chamberstaff ass. Merci u mäi parlamentaresche Mataarbechter, de Lex Folscheid, un all déi Experten an Associatiounen, mat deene mer ganz opschlussräich Échangen haten. E Merci och un déi Beamtinnen aus dem Ministère, déi eis heiansdo och ganz gutt beroden hunn, d'Madame Ries, d'Madame Bram.

A schliesslech och e grouse Merci un all d'Kommissiounsmemberen, well ech muss soen als Rapporteur, datt déi verschidden Échangen de-vuen an der Kommissioun, mä och mat den Experten noutwendeg, sënnvoll an extrem beräichernd waren, fir sech e Gesamtbild iwwert de Schlësselthema vun der digitaler globaler Kommunikatiounswelt, an där mer liewen, ze maachen.

Ech géif och mengen, datt mer hei als Parlament e bësschen awer och eiser Roll emol eng Kéier gerecht gi sinn, datt mer net einfach gesot hunn: „Ministère, kuckt Dir, Minister, kuckt Dir, datt Der do eens gitt!“, mä datt mir eigentlech als Parlament eng Initiativ geholl hunn, fir eis e Bild driwwer ze maachen a Propositionen op den Dësch ze leeën.

Ier ech op déi verschidde Réuniounen a Positionen vun a mat den Experten an Acteuren aginn, wëll ech d'Netzneutralitéit, den Objet vun eise Rapport, kloer definéieren.

Den Internet ass eng wesentlech Komponent vun der moderner Kommunikatioun ginn. Sech Maile schécken, mat engem live iwwert den hallwe Planéit ewech schwätzen, e Spill maachen, e Film ukucken oder eroflueden, iwwer sougenannte sozial Netzer sech austauschen, streiden, freeën, Biller austauschen, sech informéieren, sech bilden, nosichen, liesen, jee, dat alles an nach vill méi gëtt haut méiglech gemaach duerch den Internet.

Den Internet ass e weltwäiten an oppene Kommunikatiounsnetz ginn. An de Prinzip vun der Netzneutralitéit wëllt, datt all déi Informatiounen, déi Contenen, egal wou se hierkommen, egal wat drasteet, müssen d'selwecht am Réseau, am Tube, an der Leitung behandelt ginn, datt déi Informatiounen, wa se eng Kéier dra sinn, vun A op B ginn an datt sech keen dodran amëscht.

D'Amerikaner gebrauchen den Term vun „Open Internet“, dee vläicht dat och bildlech besser duerstelt. D'Reseaux vum Internet, dat si grouss Dateleitungen, déi op musse sinn a bleiwe fir jiddwereen, wou net ee Contenu prioritär oder diskriminatoresch behandelt gëtt vis-à-vis vun deem aneren.

Déi Froen zum Beispill, wie wat dropsetzt, also zum Beispill vun de Fournisseuren, déi virun der Leitung stinn oder hannendrun, dat heescht, dann och vun der Rechtméissigkeet vun den Inhalter, déi se dropsetzen, gehéieren net zu dem Domän vun der Netzneutralitéit. Wann d'Leit oder Firmaen en Inhalt op den Internet



setzen, deem zum Beispill Droit-d'auteurs ver-
letzt, oder Contenuen, déi verbuede sinn, zum
Beispill kannerpornografesch Material oder
rietsextrem Contenuen, dat ass dann den
Domän vun aneren Dispositiounen, anere Lé-
gislatiounen, vun anere Kompetenzen, dat ge-
héiert net méi stricto sensu zu dem Beräich vun
der Netzneutralitéit.

Ech mengen, et ass wichteg, dass dat nach eng
Kéier hei ënnerstrach gëtt. Ech wollt dat kloer
nach eng Kéier ënnersträichen, well mer jo och
déi eng oder aner Diskussioun an der Kommis-
sioun bei den Aarbechten haten. Insbesonnesch
déi Froen, déi sech ëm Droit-d'auteurs dréien,
stoungen déi eng oder aner Kéier zur Debatt.
Si gehéieren awer net, wéi gesot, zur Thematik
Netzneutralitéit.

Sécherlech, muss een och soen, gëtt et nach
déi eng oder aner interessant a wichteg Aspek-
ter ronderëm de World Wide Web, déi
d'Netzneutralitéit eventuell tangéieren oder
kéinte sträifen. Ech denken u Cyberkriminalitéit,
Ausspionéieren - PRISM ass jo elo an aller Mond
- an esou weider, mä déi Froen also waren net
den Objet vun eise Rapport.

Ech muss och soen, et ass elo net eng Defini-
tioun oder en Ofstieche vun engem Claim, dee
mir hei maachen, mä iwwerall op der Welt gëtt
d'Netzneutralitéit, och an Europa gëtt se esou
definéiert an délimitéiert, wéi mir et gemaach
hunn.

Firwat ass d'Netzneutralitéit wichteg?

Wann een d'Netzneutralitéit net méi huet, da
ginn d'Datestréim an där Leitung reguléiert, da
ginn d'Donnéen am Réseau ënnerschiddlech
an eventuell diskriminatoirech behandelt.

Zum Beispill, wa géif de Live-Streaming Piori-
téit kréien a privat Maile géifen hannendru-
gestallt ginn, an do misst dann zum Beispill den
Utilisateur waarden eben, méi laang waarden,
bis dass hien déi iwwerstallt kritt, well do aner
Donnéeen einfach géife Prioritéit kréien, vläicht
e bësse méi laang, vläicht vill méi laang, vläicht
krit hie se och eng Kéier guer net méi.

Oder déi verschidde Contenus ginn an hire Vi-
tessé gedrosselt, wéi dat zum Beispill déi
Däitsch Telekom wëllt envisagéieren. Oder
d'Contenus géifen einfach komplett vum Inter-
netréseau erofgeholl ginn, zum Beispill privat
Blogge mat Fotoen, well den Opérateur mengt,
dat géif ze vill Plaz anhuelen, dat géif d'Leitung
blockéieren. Oder verschidden Applikatiounen
géife ganz blockéiert ginn. Mir hunn dat jo
ënner anerem a Frankräich, wou den - ech soen
de VoIP - Voice over IP, oder op Lëtzebuergesch
gesot, d'Telefonéieren iwwert den Internet,
wou déi Fonctioun guer net méi ka benotzt
ginn.

Wann een d'Netzneutralitéit opgëtt an de Ré-
seau reguléiert, mécht een och d'Dier grouss
op fir d'Verletzung vum Schutz vun de privaten
Donnéeen. Well wann een den Trafic op dem
Internetréseau reguléiert, muss de Bedreier
vum Netz dauernd kucken oder kontrolléieren,
wat de Benotzer dann amgang ass, drop ze
maachen, ob en eben e Livestream kuckt, ob
en e Mail kuckt, ob en um Yahoo ass oder op
Google.

Fir déi Kontroll ze maachen, wat dann de User
um Réseau wëllt maachen, gëtt et och eng
Technologie, déi sougenannten „Deep Packet
Inspection“, an ech muss soen, fir mech als
Rapporteur perséinlech - fir déi Klammer
kënnen opzemaachen - ass dat eng vun deene
gréisste Geforen, wann ee keen oppent Netz
méi huet. Wann d'Opérateure kéinten an dier-
ften ënnert dem Virwand vun der Reguléierung
den Datestrom kontrolléieren, dat ass kloer e
Verstouss géint de Schutz vun der Privatsphär.

Vill innovativ Betriber aus dem IT-Beräich an
doriwwer eraus brauchen en oppent Netz, wou
se kënnen och ouni Restriktionen drop schaf-
fen, well dat e bëssen hir Geschierkëscht ass.
An aus all deenen Iwwerleeungen do - ech hu
se net allegueren am Rapport opgezielt, an
deenen eenzelne Réuniounen hu mer der vill
méi nach erörtert -, mä aus do e puer funda-
mentalene Iwwerleeungen ergëtt sech eben déi
grundsätzlech Fro: Muss d'Netzneutralitéit
dann och wierklech esou garantéiert ginn?
Musse mer et duerfir an engem spezifesch
Gesetz festhalen?

Wann herno nach Zäit bleift, da ginn ech kuerz
och drop an, wéi d'Situatioun an anere Länner,
europäeschen oder soss, ass. Den Ament just
kuerz e Bléck op d'Europäesch Unioen an
d'Kommissioun.

D'Fro vun der Netzneutralitéit ass beim drët-
te Paquet Télécom déi éischte Kéier opgetaucht.
Do waren dräi Konditiounen, dräi Propositiounen
gemaach ginn. Ech ginn elo net op déi an. Ab
2011 hunn d'Europaparlament an d'Kommis-
sioun Positiounen ageholl, déi op alle Fall a
Richtung Erhalt vun der Netzneutralitéit ginn,
mä bis haut - bis haut! - läit awer nach keng
konkret Initiativ oder Direktiv vun der Kommis-
sioun oder vum Parlament vir.

Ganz rezent konnt Der an der Press liesen, de
4. Juni hat ech dat gelies, huet d'Kommissärin
Neelie Kroes virum Europaparlament gesot,
dass d'Kommissioun wëllt de Grondsaz vun der
Netzneutralitéit europawäit zum Gesetz ma-
chen. Dat wëllt eventuell heeschen, dass dann
eng Direktiv géif kommen.

Ech wëll awer betounen, dass bei esou eng Dé-
claration d'intention, déi se do gemaach huet,
nach wie vor, also haut och, och op dësen Dag
- well ech wouss net, wéi ech de Rapport ge-
schriwwen hunn: kann eventuell do nach eppes
dozwëschekommen? -, mä wéi gesot, bis haut,
bis zu eise Débat do keen neit Element der-
baikomm ass. Nach wie vor läit kee konkreten
europäeschen Textvorschlag um Dësch. Vläch
kann dat déi nächst Deeg, Woche kommen.

Här President, fir d'Fro vun enger spezifesch
nationaler Législatioun ze beäntwerten, hu mer
aacht Entrevuë mat diversen Acteuren an der
Kommissioun gehat. Dat huet sech e bësse
gezunn iwwert d'Joer. Ech wëll och elo net op
all eenzel Entrevue en détail agoen; dat kënnt
Der am schréffleche Rapport oder a Rapporten
och vun de Kommissiounen noliessen. Ech wäert
versichen, déi verschidden Entrevues ze ré-
méieren a jeeweils e puer kruzial Punkten ervir-
hiewen, déi vläch och sécher dann e bëssen
de Bléck vum Rapporteur sinn, mä déi awer,
mengen ech, och insgesamt an deene Réuniou-
nen awer gesot sinn.

Déi éischt zwou Réuniounen ware mat auslän-
neschen Experten, fir an d'Thema eranzeklam-
men an en Iwwerbléck ze kréien. Do hate mer
de Markus Beckedahl gesinn. Hien huet och an
Däitschland an engem spezifesch Aarbechts-
grupp zum Thema am Bundestag matgewierkt.

E puer Punkten aus sengen Ausféierungen
erausgepickt: Hien huet ënner anerem drun
erënnert, dass d'Innovatioun an den Dateschutz
nëmmen duerch en oppenen Internet méiglech
sinn. Ëmmer méi gëtt och déi limitéiert Capaci-
téit - oder anscheinend limitéiert Capacitéit -
vun de Leitungen als Virwand geholl, fir a Rich-
tung vu Regularisatioun vun den Datestréim
ze plädéieren. An hien huet wierklech, dass ass
mer e bëssen awer am Kapp bliwwen, en huet
mat Nodrock drop higewisen, dass dëst an der
Praxis net de Fall wier, dass d'Haaptleitungen,
d'Backbones, dass déi genuch Plaz hätten an
dass eigentlech an Däitschland oder op anere
Plazen emol net 10% vun deene Leitungen mat
Date besat sinn, dass heescht, eigentlech nach
90% Sputt do ass.

En huet awer och gesot, d'Capacitésproble-
mer kommen op där „letzten Meile“, wéi en
dat genannt huet, dass heescht, wann et herno
aus dem decken Tube iergendwou bis an d'Hai-
ser geet - et ass e bësse wéi bei enger Tube
Mayonnaise, wann een do uewe vill dran huet
an et dréckt een drop an zum Schluss ass
d'Lach kleng, da kënnt et do e bësse méi
schwéier eraus -, dass et do eventuell Problemer
ka ginn.

Dat ass dann och d'Ursaach, firwat ee muss in-
vestéieren, besonnesch an déi méi lokal „letzte
Meile“, well et jo och esou ass beim... Haut hu
mer ëmmer méi och de mobilen Internet, also
iwwer Smartphone, an do hu se festgestallt an
Däitschland, dass et haaptsächlech Verletzunge
vun der Netzneutralitéit am 3G-Réseau gëtt,
well do d'Capacitéit limitéiert sinn.

Hien huet och gewarnt, dass de Konsument
oder den Internaute de Reflex géif kréien, sech
u Verletzunge vun der Netzneutralitéit ze
gewinnen, well dat jo awer heiansdo emol vir-
kënn, an dass dat et dann herno ëmsou méi
schwéier géif maachen, wann ee wëllt spéider
reguléieren.

De Beckedahl huet fir eng staatlech Reguléie-
rung plädéiert. En huet awer, muss ech och
soen, opgeloo, ob dat elo soll eng national-
staatlech oder eng europäesch sinn, mä op alle
Fall sollt ee légiféieren.

D'Madame Kutscher, déi zweet Expertin, huet
déi sozial Aspekter ugeschwat vum Internet.
Ech hunn dat eng ganz flott an interessant Ré-
unioun fonnt gehat.

E puer wichteg Aussoe vun der Madame Kut-
scher: Den Internet ass haut eng essenziell
Komponent vun der Demokratie, de Bierger-
rechter an der gesellschaftlecher Participatioun
ginn. Oft kann een net méi participéieren an
der Gesellschaft, wann een net den Internet-
zuschuss huet.

Si seet och, haut hu mer eigentlech net méi
den „digital divide“, dass net jiddwereen e
Computer huet, mä haut kritt een ëmmer méi
eng digital Ongläichheet, déi entsteet. Dat
wëllt soen, dass d'Benotzung vum Internet
staark variéiert jee no sozioekonomescher Hier-
kunft a Bildung. Et sinn also éischter déi man-
ner gebilte Leit, déi awer grad dann Applika-
tiounen benotzen um Internet, déi enorm vill
Plaz anhuelen, Spiller maachen, Filmer eroflue-
den, Fotoe verschécken an esou weider.

An op där anerer Säit also gëtt festgestallt, dass
déi méi gebilte Schichten oder Leit eigentlech
den Internet op méi eng instruktiv, méi eng
edukativ Aart a Weis benotzen, awer vill man-
ner Plaz eigentlech op där Leitung brauchen.

Aneschtens formuléiert: Déi eng brauchen
enorm vill Plaz um Internet, fir sech ze ameséie-
ren an esou weider, an déi aner gebrauch
ganz wéineg Plaz eigentlech, fir sech intelligent
ze informéieren.

An egal wéi, seet se awer, huet d'Madame
Kutscher gesot, dass op alle Fall den oppenen
Internet awer weiderhin noutwendeg ass, fir
dass awer jiddwereen weinstens déi gläich Start-
chancen huet, dass e kann allméiglech Saachen
um Internet maachen, sief et, dass et herno da
vun deem engen oder aneren ofhänkt, wat en
doraus mécht.

Si huet geschwat vum dem Risiko vun der „Öko-
nomisierung der Teilnahme an Informa-
tiounen“. Dat heescht, wann ee géif d'Netzneu-
tralitéit opgi fir besser Qualität, fir méi schnell
Qualitéit an esou weider, misst een all Kéiers
wahrscheinlech zousätzlech bezuelen. Dat géif
natierlech bedeuten, also Leit, déi méi Suen hät-
ten, kéinte sech méi leeschten um Internet,
Leit, déi manner Suen hätten, kéinte sech man-
ner Saachen um Internet leeschten. Dat géif zu
sozialen Ongläichheete féieren. An déi On-
gläichheete kënnen nëmmen duerch
d'Netzneutralitéit verhënnert ginn.

Dann, an eise Konklusiounen am Rapport hu
mer och herno festgehalten, dass een och on-
bedéngt misst, aus deem ganze Kontext do,
wéi een den Internet benotzt, d'Medien-
erzéiung an der Schoul verstärken.

Wéi ass d'Situatioun vun der Netzneutralitéit
hei zu Lëtzebuerg? Dat hu mer mat dem Régu-
lateur, dem ILR gekuckt.

Den ILR, dee kontrolléiert déi generell Kondi-
tiounen, déi d'Opérateuren de Clienté stellen.
Si këmmere sech och net ëm de Contenu. Dat
ass also, wéi gesot, en aneren Domän.

Wann en Opérateur hei zu Lëtzebuerg géif an
den Trafic vum Internetréseau agräifen, e gé-
réieren, zum Beispill Donnéeen drosselen oder
esou weider, da kann den ILR agräifen.

Konkret war et bis elo esou, dass se dräi Opéra-
teuren haten, déi an hire Konditiounen stoen ha-
ten, dass si eventuell de Voice over IP géife re-
duzéieren oder aschränken. An do si si also du
virgaangen, do hu si dat dunn och si gelooss.

Si stellen och fest, dass hei zu Lëtzebuerg net
ëmmer déi Vitessen, déi versprach ginn oder
déi vum Client bezuelt ginn, dass déi net ëm-
mer erreecht ginn, ebe well d'Infrastrukturen
net iwwerall am Land d'selwecht sinn, ebe well
d'Glasfaserleitungen net iwwerall leien. Dass
awer éischter eng Saach vun technescher Kon-
figuratioun, wéi dass do awer innerhalb vun der
Leitung géif elo géréiert ginn.

Den ILR ass der Meinung, dass zu Lëtzebuerg
net muss spezifesch légiféiert ginn. Déi beste-
hend Dispositiounen géifen duergoen, fir hei
d'Netzneutralitéit ze garantéieren.

Ech kommen dann zum Volet vun den Opéra-
teuren, wou mer zwou Réuniounen haten, eng
mat der Post an eng mat der OPAL, wou all déi
aner Opérateure regroupéiert sinn.

D'Post ass der Meinung, dass de Backbone an
Zukunft net méi d'Capacitéiten hätt an dass ee
weider misst doranner investéieren. Si hunn
och ze bedenke ginn, dass ronn 20% vun de
Clienté ronn 70% vun der Leitung benotzen,
an doduerjer sinn hirer Meinung no och déi
sougenannte Flatrate-Abonnemeter e bëssen,
an hiren Aen, a Fro gestallt. Si soen, dass wier
eigentlech net gerecht: Déi eng beziele mat,
wat déi aner vill ze vill gebrauchen.

Si hunn och méi wéi eng Kéier drop higewisen,
dass nach eng Rei Investissemeter ze maache
sinn, wann een also um Backbone, awer och
virun allem am mobilen Internet fir jiddwereen
déiselwecht Qualität wëllt offréieren. An do
kënnt dann natierlech déi wesentlech Fro: Wie
soll dat dann alles bezuelen?

Zum Beispill bei der Post? D'Opérateuren? De
Stat, dee vläch bei verschiddenen Entreprisen
Aktionär ass? Oder ginn da schlussendlech all
déi Fraisën herno op den Utilisateur ofgewälzt?

Fir d'OPAL, déi mer gesinn hunn, ass eigentlech
an hiren Ae kee Problem vun de Capacitéiten
um Backbone, mä si hunn awer och nach eng
Kéier op déi Schwierigkeiten higewise vu mo-
bile Réseauen. Ëmmer méi Leit benotzen den
Internet iwwer Smartphon an et ass also do,
wou de Problem kéint an Zukunft leien.

Mä d'Post an d'OPAL, déi si sech ganz kloer
eens an engem PUNK: Mëttelfristeg gi si do-
vunner aus, oder soll ech souguer esou soen:
mëttelfristeg fuerdere si vläch eng Kéier, dass
et verschidde Qualitéite vun Accés misst ginn,
mat verschiddene Präisser. Wat awer a menger
Liesweis géif heeschen, dass een d'Netzneutra-
litéit da géif opgin.

Bon, aus deem Grond wëlle si natierlech och
net derfir plädéieren, dass d'Netzneutralitéit hei
zu Lëtzebuerg an e Gesetz géif ageschriww
ginn.

D'Fro ass och opkomm, ob net grouss Fournis-
seuren, wéi zum Beispill Google oder Facebook,
déi jo enorm Quantitéiten op d'Réseau sché-
cken, ob déi net och missten zur Keess gebiede
ginn, dass ee seet: „Hei, wann Der gär eppes
op d'Leitung setzt, da bezuelt Der an der En-
trée beim A, ier et op B geschéckt gëtt, da
bezuelt Der bei der Entrée eppes.“

Mä do hätte mer de Risiko, besonnesch als Lët-
zebuerg, dass mer als ongläich Partner géifen
um Dësch setzen. Wa Lëtzebuerg do kënnt a
seet: „Hei lauschter Google, lauschter Face-
book, bezuelt Der e bësse mat hei op der Lët-
zebuenger Leitung...“, ech stellen et bësse ver-
einfacht duer, „...vu Stengefort bis an d'Stad?“,
da géifen déi soen: „Ma dat interesséiert eis
guer net! Lëtzebuerg ass esou e klunge Marché,
da spure mer eis dat.“

Mer haten och eng Entrevue mat der AAC, As-
sociation des antennes collectives, déi sech als
e wichtigen Acteur gesinn huet, well se eng
Rei kommunal fix Réseau bedreift, wou jo
mëttlerweil net nëmme méi Fernsehprogram-
mer, mä och Internetzugang offréiert gëtt.

Op hiren interne Kabelen, soen ech emol, do
ass kee Stau, ass kee Problem. Mir waren och
an der Kommissioun eis eens, dass dat eigent-
lech elo an eisen Aen net esou e wichtigen
Opérateur och wier an deem Ganzen, dass
eigentlech déi Réseau jo och e bëssen en In-
tranet sinn, en interne Réseau, wou eigentlech
déi Froe vun der Netzneutralitéit net kënnen
am Vierdergrond stoen.

Ech kommen dann zu där leschter Grupp vun
Acteuren, déi ech géif als „IT Economy“ be-
zeechnen: Firmen, Betriber, Entreprisen, déi
haaptsächlech um Strang vum Internet schaf-
fen, dass ass, den Internet ass hir Haaptgeschir-
këscht, dass hunn ech schonn eng Kéier gesot.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg Skype, mir hunn
eng ganz Rei Entreprisen, déi Internetspiller dé-
veloppéieren, déi sech hei niddergelooss hunn,
ech wëll se elo net all opzielen, ech géif der vill
vergiessen. Ech wëll awer och do soen, dass
Lëtzebuerg wëllt Virreider ginn an den Daten-
zentren. An dat sinn duerch d'Bank ganz inno-
vativ Firme mat enger grousser Plus-value fir
d'Lëtzebuenger Economie, mat héich quali-
féierten Aarbechtsplazen, déi och e Koup Suen
an eise Budget erabrénge.

Vill Parteie si sech eens, dass dëse Secteur wei-
der soll ausgebaut ginn an e wichtegt Standbee
vun der Plaz Lëtzebuerg muss sinn. Mir haten
do zwee Interlocuteurs gehat, zum enge LU-
CIX, déi eng neutral Internetplattform fir Betri-
ber ubidden, „carrier neutral“, an aktuell 46
Memberen hunn, zum aneren ICTLuxembourg,
déi eng Aart Konfederatioun vun all den IT-En-
treprisen hei zu Lëtzebuerg duerstellt.

Unisono hunn déi zwou Representatiounen
drop insistéiert, dass d'Netzneutralitéit muss
erhale bleiwen an dass en oppent Netz immens
wichtig ass fir hire spezifesch ekonomesche
Secteur, wou nach vill Potenzial do ass. De fixe
Réseau, de Backbone, op deem si haapt-
sächlech schaffen, ass net iwwerlaascht an huet
nach vill Capacitéiten, soe si, et dierf een awer
dofir och net säi Kapp a Rou leeën, et muss een
do no vir kucken.

Si hunn awer och den europäeschen an inter-
nationale Kontext ervirgestrach. Lëtzebuerg
muss e performant Netz behalen, fir dass aus-
lännesch Entreprisen heihinnerkommen, an
duerfir brauch een eng optimal Infrastruktur op
där enger Säit, wou keng technesch a legislativ
Barrière sinn.

Wat awer ganz interessant ass, wat ee sech net
esou a priori erwaart hätt, well se jo awer ganz
ferm fir de Prinzip vun der Netzneutralitéit
astinn, dass ass hir Positioun zu enger gesetzle-
cher Regelung: LU-CIX huet souguer derfir
plädéiert, dass et als Prinzip kéint an eng Ver-
fassung wéi e Grondrecht geschriww ginn, mä
si waren awer net domadder d'accord, dass et
soll spezifesch op nationalem Plang an d'Gesetz
gemaach ginn. ICTLuxembourg war genau där-
selwechter Meinung.

Dat kann op deen éischte Bléck e bëssen er-
staunen, mä si hunn e puer Argumenter duerfir.
E Gesetz géif nëmmen den nationale Backbone,
déi national Netzer ofdecken. Si schaffen awer
vill op nationalen an internationalen Datebun-
nen, a wa Lëtzebuerg eleng e Gesetz mécht,
kéint dat och kontraproduktiv sinn, fir nei IT-
Betriber unzezielen, well dat kéint eventuell be-
deuten: administrativen Opwand, Hürde musse
bewältegen. A si soen och, wann elo all Land



an Europa ufänkt, seng eege Législatioun ze maachen, da gëtt dat e fierchterleche Kuddel-muddel, wat d'Entreprises eigentlech éischter géif ofschrecken. Den IT-Secteur awer hei zu Lëtzebuerg ass ganz kloer fir eng europäesch eenheetlech Regelung.

Här President, ech kommen elo geschwënn zu de Konkusiounen vum der Medien- a Kommunikatiounskommissioun. Vlächtt just e Bléck nach op een oder zwee Länner an Europa. Ech hat der do méi virgesinn, déi kënnt Der am Rapport dann noliesen. Vlächtt just fir ze soen, an Däitschland ass jo elo eng grouss Diskussioun mat der Telekom, déi do wëllt an eng Richtung goe vun enger Drosselung vun den Daten. Do ass méttlerweil eng Petitioun mat 50.000 Ënnerschrëften, déi do sech fonnt hunn, wou dat also eng Anhörung muss ginn am Bundestag, fir do ze kucken, ob se légiférieren oder net. Frankräich hat ech scho mat Skype kuerz erwähnt.

Vlächtt just Holland. An Europa ass just Holland, dat d'Netzneutralitéit an engem Gesetz 2011 geregelt huet. Méttlerweil gëtt dëst Gesetz awer erëm a Fro gestallt, well sech an der praktescher Ëmsetzung eng Rei Problemer erginn hunn, eng Rei Problemer juristescher awer och technescher Natur. Dat ass zum Beispill eng Saturatioun vum Backbone: Wéi beschreift een dat juristescht? Wéi kontrolléiert een technesch permanent d'Netzneutralitéit an esou weider.

Här President, Merci, datt Der mer e bësse méi Zäit ginn hutt. Ech kommen dann awer zu de Konkusiounen. Verschiddener si schonn an den Explikatiounen zu den Entrevuë mat ugeklungen oder méi breet dévloppéiert ginn, duerfir nach eng Kéier ganz, ganz kuerz am Rappel: éischters d'Suerg vun der sozialer Gerechtegkeet an Inklusioun an der Noutwendegkeet vun der Medienerzéiung, d'Noutwendegkeet vun der Netzneutralitéit fir de Schutz vun der Privatsphär an der Liberté d'expression, d'Wichtigkeet vun dem oppenen Netz fir d'Innovatioun an den Développement vun engem wichtege Secteur fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg.

Aus all deenen Ursachen an nach vill aneren Deelfacetten, déi mer an den Entrevuëen diskutéiert hunn, ass fir d'Kommissioun den Erhalt vun der Netzneutralitéit hei zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus enorm wichteg. Ech mengen, dat ass déi éischt Konkusioun, déi ee muss ënnerträchen. Et gouf bei de Memberen an der Kommissioun keng Stëmm, déi dat a Fro gestallt huet. Mir hunn och duerfir am Rapport geschriwwen: «Rattachement ferme au principe de la neutralité du réseau».

Wou kéint eng Gefor oder en Drock an Zukunft op dës Neutralitéit kommen, dat schéngt eis an der Kommissioun wierklech op der Säit vun den Opérateuren ze sinn. Ebe bedéngt duerch déi technesch Capacitéiten, déi begrenzt sinn, datt si mussen Investissementer maachen, wiere si éischter favorabel, fir dat eng Kéier opzeginn, fir eben och dann zousätzlech Recetten ze kréien, am Géigesaz zum IT-Secteur, dee wierklech seet, dat kënnt fir eis net a Fro, déi op den Erhalt vum oppenen Netz halen.

Da kommen ech zu der entscheidender Konkusioun. Dat war jo eigentlech och à l'origine eis Missioun. An der Motioun stoung jo, datt mer sollen déi Fro beäntweren: Solle mer hei zu Lëtzebuerg légiférieren oder net? Déi Äntwert vun der Kommissioun, vun der Héichschoul-, Medien- a Kommunikationskommissioun ass kloer: Mir wëllen eng gesetzlech Regelung, mä...

► **M. le Président.**- Här Berger, Dir misst awer elo wierklech zum Schluss kommen. Ech hunn lech elo fënnf Minutte scho méi ginn.

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Also ech si wierklech bei deene leschte Konkusiounen, ech komme bei d'Haaptkonklusioun, ech si bei där leschter Konkusioun.

Mir wëllen eng gesetzlech Regelung, mä et ass awer net ubruecht, fir elo eng national Léisung unzestriewen an e spezifescht Lëtzebuerger Gesetz fir d'Netzneutralitéit auszeschaffen. Also e Jo fir eng Regelung, mä awer keng national Regelung, mä eng op europäeschem Plang. Dat ass d'Konklusioun vun der Kommissioun gewiescht an hirer Majoritéit, eben och aus all deenen Argumenter, déi ech do gesot hunn.

A souwäit mer wëssen, d'Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt déi Vueën och a si ass jo och esou wäit - wat mer gesot krute vun de Vertrieder aus dem Ministère, vun der Madame Ries -, et ass jo esou, datt d'Lëtzebuerger Regierung ëmmer och zu Bréissel plädéiert, datt endlech do soll eng Direktiv kommen. Et ass ze

hoffen, datt dat esou schnell wéi méiglech kënnt.

En attendant hate mer zwou Propositionen am Rapport, datt op där enger Säit den ILR, wann awer wierklech Verstéiss wieren hei zu Lëtzebuerg, da soll am Kader vu senger gesetzlecher Rumm eis doriwwer als Kommissioun informéieren, an och, datt een eventuell soll drun denken, wann an Däitschland dee System sech géif bewähen, datt mer hei zu Lëtzebuerg och eventuell esou een Outil kéinte kréien, wou sech all eenzelne Bierger dat praktesch doheem...

► **M. le Président.**- Här Berger, Dir misst wierklech awer elo zum Schluss kommen.

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Et ass mäi leschte Saz. Ech schwätzen herno och net méi dann am Numm vu menger Fraktioun, well hei eigentlech och alles gesot ass.

An datt mer also hei zu Lëtzebuerg, wann dat sech géif bewähen an Däitschland, esou e System kéinten aféieren, wou all eenzelne Bierger kéint och doheem kucken, kontrolléieren, ob déi Netzneutralitéit garantéiert wier.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger, an als éischt Riednerin ass d'Madame Diane Aehm agedroen. Madame Aehm, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **Mme Diane Aehm (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Januar vun dësem Joer huet de Statec eng Etüd erausginn, laut där hei am Land 92% vun de Stéit e Computer an en Internetzugang doheem hunn. An eng grouss Majoritéit vun de Leit benotzen de Computer och praktesch all Dag. 73% vun den Internetbenotzer hunn e Breitbandzugang, also de séieren Internet. A vun hinne sinn der dräi Véirels der Meinung, dass dësen Zugang eigentlech och séier genuch ass.

Des Weidere benotze 95% vun de Leit hei am Land tëschent 16 a 74 Joer e mobilen Telefon oder e sougenannte Smartphone. Dëst erkläert dann och, firwat dass déi meescht Internetbenotzer ausserhalb vun hirer Aarbecht oder hirem Doheem op den Internet zrëckgräifen, an dëst mat engem mobilen Apparat wéi engem Laptop, engem Tablet PC, engem mobilen Telefon oder eben engem Smartphone. A grad vun dësen Internetbenotzer hunn der bal d'Halschent mindestens eemol d'Woch Schwierigkeete mat hirem mobilen Apparat, sief et, dass se net genuch Bandbreit hunn, sief et, dass den Internet einfach schrecklech lues ass. A mat dëse puer Zuele si mir dann am Sujet vun der Internetneutralitéit dran.

D'Netzneutralitéit garantéiert all Benotzer vum Internet déiselwecht Behandlung. De sougenannten Internetserviceprovider, also deen, deen den Internetzugang ubitt, transportéiert sämtlech Päck mat Daten dra mat där gläicher Qualitéit a mat däräselwechter Vitesse um Internet. Dobäi ass et egal, vu wem dës Päck mat Donnéeën kommen oder bei wéi se geschéckt ginn. Et ass och egal, wat an dëse Päck vun Donnéeën dran ass oder wéi dës Päck duerno benotzt ginn. Alles gëtt gläich behandelt.

Am Kloertext, wann d'Internetneutralitéit garantéiert ass, kann ee sech den Internet virstelle wéi eng breet Autobunn, op där grouss a kleng Autoe mat däräselwechter Geschwindegkeet egal wouhinne fuere kënnen an et gëtt ni e Stau. Wann d'Internetneutralitéit net garantéiert ass, da fuere den déi eng Autoe méi séier an déi aner méi lues respektiv deejéinegen, dee Péage bezilt, däréi se alleguerten iwwerhuelen.

Hautdesdaags gëtt et nämlech technesch Méiglechkeeten, fir ze kucken, wéi eng Daten dann iwwer Internet geschéckt ginn. Des Weidere gëtt et technesch Méiglechkeeten, fir d'Geschwindegkeet vun den Daten um Internet ze verännern. All dës technesch Méiglechkeete gouf et zu den Ufankszäite vum Internet nach net. A grad well et haut dës Méiglechkeete gëtt, stellt sech d'Fro, ob alles um Internet soll fräi an neutral bleiwen oder ob alles, wat um Internet ronderëmgeet, soll kontrolléiert a geregelt ginn.

Wa mir un dat sougenanntent „Arabescht Fréijoer“ zrëckdenken, da mussen mir och d'Wichtigkeet vum Internet an dësem demokratesche Prozess an den arabesche Länner unerkennen. Ouni déi wichteg a pertinent Informatiounen, déi dank dem Internet duerch d'Welt gaange sinn, mä déi och haaptsächlech an de betrafene Länner ronderëmgaange sinn, wier mat Sécherheet déi eng oder aner Diktatur net esou séier gefall. Mir hunn haut déi immens Chance, fir an enger fräi entwéckelter Gesellschaft ze liewen. Mir liewen an enger Demokratie an duerfir kënnt et fir d'CSV-Fraktioun net a Fro, fir alles ronderëm den Internet ze kontrolléieren an ze regelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt vill iwwert d'Netzneutralitéit geschwat. Mä wéi gesäit et dann hei zu Lëtzebuerg aus? Zu Lëtzebuerg gëtt d'Netzneutralitéit duerch den Institut luxembourgeois de régulation, also den ILR kontrolléiert. Dëst geschitt op der Basis vum drëthen Telekom-Pak vun 2009, dee mir mam Gesetz vum 27. Februar 2011 iwwert d'Réseaux et les services de communications électroniques ëmgasat hunn. Dësen drëthen Telekom-Pak huet sech net direkt mat der Internetneutralitéit auserneeegesat. D'Europäesch Kommissioun huet just an enger Deklaratioun, déi un den drëthen Telekom-Pak ugehaangen ass, festgehalen, dass d'Neutralitéit vum Internet e politeschen Objektiv ass, dass si d'Situatioun wäert verfolgegen a gegebenenfalls Mesuren ergreifen.

Am Gesetz vum 27. Februar 2011 iwwert d'Réseaux et les services de communications électroniques ass d'Obligatioun verankert, dass den Internetserviceprovider, also deejéinegen, deen den Internetzugang ubitt, muss seng Clienten iwwer eventuell Restriktiounen am Zugang zum Internet informéieren. Des Weideren ass am Gesetz festgeschriwwen, dass den ILR muss drop uechten, dass dës Obligatioun respektéiert gëtt an dass eng minimal Qualité de service assuréiert ass. Laut dem ILR gëtt et de Moment keng Problemer an Hinsicht Netzneutralitéit hei am Land. Déi aktuell Gesetzgebung geet duer, fir d'Netzneutralitéit ze garantéieren, och wann et bis elo keen explizitte lokale Kader duerfir gëtt, esou wéi dat zum Beispill an Holland de Fall ass.

Ee vun de gréissten Internetzugangsubidder zu Lëtzebuerg ass d'Entreprise des Postes et Télécommunications, wann net souguer dee gréissten. D'Post zum Beispill investéiert all Joer zeg Milliounen Euro an den Ausbau vun hirem Glasfasernetz an an hire Backbone. An dëst betrëfft nach nëmmen de fixen Internet! Duerfir kann d'Post awer iwwer 80% vun de Stéit hei am Land de séieren Internet ubidden. An dëst soll bis 2017 nach weider ausgebaut ginn.

Am Kader vum Marshall-Plang, deen de Wirtschaftsminister kierzlech ugeknegt huet, ass virgesinn, dass d'Post soll weider ronn 968 Milliounen investéieren, an dat gréisstendeels an hire Glasfaserréseau. LuxConnect soll bis 2017 110 Milliounen Euro a Glasfaserréseauen an Datazentren investéieren. An dëst sinn elo just d'Investissementer vun der Post a LuxConnect, an déi vun deenen anere Kommunikationsopérateuren hunn ech nach net derbäigerechent. An dëst sinn och nëmmen d'Investissementer an de fixen Internet. Vum mobilen Internet hunn ech och nach net geschwat.

Wann een dës Beträg gesäit, kann ee verstoen, dass d'Internetzugangsubidder gäre geifen zumindest een Deel vun dësen Infrastrukturkäschten un d'Benotzer vum Internet weiderginn. D'Post huet eis an der Kommissioun gesot, dass 20% vun den Internetbenotzer 70% vum Internettrafic generéieren. Weinst dës Benotzer muss d'Post immens vill an hir Infrastrukturen investéieren.

A wann dann zum Beispill eng Firma wéi Skype kënnt, da benotzt déi der Post hiren Internétréseau, fir gratis Telekommunikatiounen unzubidden, also Telefonskommunikatiounen. Domadder hëlt si der Post dann och en Deel vun hirem Akommes ewech, well dës Clientéi jo dann net méi iwwert d'Post telefonéieren. Am konkrete Fall vu Skype muss d'Lëtzebuerger Post also zweemol bezuelen: eng Kéier op den Infrastrukturen an eng Kéier um Akommes, dat se verléiert.

A wa mir grouss Firma kucken, wéi ebe grad Skype, Google, Amazon, YouTube, fir just dës ze nennen, dann hunn dës Firmen hire ganze Geschäftsmodell op d'Netzneutralitéit opgebaut. Si benotzen, fir hire Chiffre d'affaires ze maachen, d'Internetinfrastrukturen, déi aner Firma bezuelt hunn. An dëst, ouni dës Firmen iergendeppes vun hirem Benefiss ofzeginn! Soll awer elo zum Beispill d'Lëtzebuerger Post probéieren, mat dës Firmen ze verhandelen, fir dass si sech un den Infrastrukturkäschte vun der Post bedeelegen?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen alleguerten, dass esou e klengt Land, wéi mir et sinn, fir déi grouss Firmen net wierklech wichteg ass. Eis Ausgangsbasis fir esou Verhandlungen ass zimlech kleng a mir riskéiere ganz einfach, op der Landkaart vun dëse Länner ze verschwannen!

Well awer d'Investissementer an d'Infrastrukturen deier ginn, huet zumindest d'Lëtzebuerger Regierung dee richtege Wee ageschloen: D'Lëtzebuerger Post huet nach ëmmer een eenzegen Aktionär, an dat ass de Lëtzebuerger Stat. Bei LuxConnect ass de Lëtzebuerger Stat zu 99,9% Aktionär. De Stat ass net dem Liberaliséierungsdrang vun eisen Nopeschlänner nogelaf an huet seng Undeeler un der Post an u LuxConnect och net verkaaft. Dowéinst kann de Lëtzebuerger Stat haut op en Deel vu sengen Divi-

dende verzichten an d'Post a LuxConnect kënnen dës Zommen huelen, fir an hir Réseauen ze investéieren.

De Marshall-Plang ass also indirekt och e wichtege Schrëtt, fir weiderhin hei zu Lëtzebuerg performant Internetinfrastrukturen ze hunn an esou d'Netzneutralitéit ze garantéieren. Well nëmmen, wa genuch Capacitéiten do sinn, fir de ganzen Trafic ze packen, mussen keng Barrieren agebaut ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Netzneutralitéit kann awer fir eist Land d'Basis vun engem sougenannte Geschäftsmodell sinn. Am Regierungsprogramm vun der jëtzege Regierung steet, dass Lëtzebuerg soll en europäeschen Telekommunikationszentrum ginn. Duerfir sollen d'Fix- an d'Mobilréseauen ausgebaut ginn. Performant nei Datazentren solle gebaut ginn. Mir leien am Zentrum vun Europa a mat LU-CIX si mir un déi wichtegst Internetplattformen an Europa ugebonden. Net ëmssoss hu mir gëschter d'Gesetz iwwert de Cloud computing gestëmmt, dat dësem wichtege Wirtschaftszweig soll eng legal Hëllef ginn am Fall vun enger Faillite.

Wann awer d'Netzneutralitéit net garantéiert ass, da brauche mir och keng Datazentren ze bauen a mir brauchen eis Législatioun net un zukunftschrähteg nei Wirtschaftszweiger unzepassen. Wann d'Netzneutralitéit net garantéiert ass, brauche mir och net an d'Fuerschung hei am Land ze investéieren, well grad d'Fuerschung brauch héich performant Informations- a Kommunikationstechnologien, déi op der Netzneutralitéit baséieren. A grad am Beräich vun dësen Technologie sinn an de leschte Joren hei am Land vill nei Aarbechtsplaz geschafe ginn an eisen Trésor kritt ëmmerhin all Joer e puer Honnert Milliounen Euro aus dësem Secteur eran.

Här President, d'Netzneutralitéit garantéiert jiddwerengem, deen um Netz surft, déiselwecht Behandlung. Internet huet esou ugefaangen an huet doduerjer och dee Succès kritt, deen en haut huet. Den Internet ass fundamental fir d'Innovatioun an d'Kreatioun vun neuen Technologien a Services. Ouni dëst fundamentaalt Konzept vun der Neutralitéit um Internet wier d'Innovatioun an den Netzwierkerberäicher net esou staark entwéckelt, wéi dat an dësem 21. Jorhonnert de Fall ass. An ouni d'Netzneutralitéit hätte vill jonk motivéiert a begaabt Leit och net déi Chance, hir fortschrëttlech Iddien auszuschaffen, weiderzeginn, auszutauschen an deenen anere Useren unzubidden.

Ouni déi Neutralitéit géif och Diskriminatioun um Internet bestoen an et géif zu enger Klassegesellschaft um Internet kommen, an där just nach déi mat ville Suen a Moyene kéinte vun deem universelle Service profitéieren. Déi manner favoriséiert Leit, déi och vill Talent hunn, fir innovativ Saachen ze erfannen, deenen hir Chance op Réussite géif drastesch falen.

Wou gëtt et haut esou eng Chancëgläichheet wéi um Internet? Fir eng modern entwéckelt Gesellschaft, déi an d'Zukunft bléckt an déi onse jonke Matbierger eng reell Chance op Erfolge wëllt ubidden, virun allem an Zäiten, wou de Chômage nach ni esou héich war, ass de Prinzip vun der Netzneutralitéit fundamental wichteg. Vill Experte sinn awer haut der Meinung, et misst een d'Netzneutralitéit per Gesetz garantéieren, well et soss zu ëmmer méi Abusen an Diskriminatioun géif kommen. An dat géif nees zu enger Ongläichheet an eiser Gesellschaft féieren an den Internet zu engem Bestanddeel vu sozialer Exklusivatioun maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo bewosst nach eng Kéier op de gesellschaftlechen Aspekt vun der Internetneutralitéit zrëck. Lëtzebuerg zielt mat Schweden an Holland zu deene Länner, wou d'Leit am meeschten Internet doheem hunn. 92% vun den Haushalter zu Lëtzebuerg verfügen aktuell iwwer eng Internetverbindung. Dat ass natierlech eng gutt Nouvelle fir d'Internetneutralitéit an de sozialen Zesummenhalt, well hei keng esou grouss sozial Ongläichheet besteet, wat den Accès op Internet ugeet. An trotzdem existéiert se nach deelweis.

An doriwwer sollt een och e puer Wieder soen: Et gëtt nach ëmmer eng Partie Leit, déi net iwwer e Computer oder en Internetzugang doheem verfügen. An hiren Aen ass Internet net wichteg oder awer si verfügen net iwwert déi néideg Kompetenzen, fir e Computer oder Internet ze benotzen. Dëst bréngt mat sech, dass dës Leit net kënnen vun allen innovativen Technologien a Services, déi iwwer Internet ugebuede ginn, profitéieren. Si hunn och net déi nämlech Chancen, fir sech iwwert déi sozial Netzwierker ze profiléieren. Hei entsteet eng sozial Ongläichheet, déi ëmmer méi grouss gëtt, well den Internet eng ëmmer méi wichteg Roll an eiser Gesellschaft kritt.

Eng aner Realitéit ass, dass déi Leit, déi iwwer méi eng lues Internetverbindung verfügen, well



se manner kascht, oft duerch Stéierungen a Verbindungsproblemer discouragéiert ginn, fir Internet iwwerhaapt ze benotzen. Aus dësem Grond ass et wichteg, dass Lëtzebuerg am Kader vu senger Stratégie nationale pour les réseaux à ultra-haut débit net nëmmen d'Netzneutralitéit garantéiert, mä dass och e minimalen Débit ageschriwwen ass, an dësen Débit soll bis 2020 progressiv eropgoen. Nëmme esou ka vermidde ginn, dass Leit aus engem manner favoriséierte soziale Milieu net nëmmen de Computer bezuele mussen, mä och nach en deieren Internetzougang, fir en anstännegen Débit ze hunn.

An dësem Kontext muss een awer och eng Kéier op eist Schoulwiesen hei zu Lëtzebuerg agoen. An der Schoul léieren d'Kanner an déi Jugendlech ëmmer méi um Computer; och fir hir Hausaufgaben ass e Computer noutwendeg, an dëst kombinéiert mat engem Internetzougang, well d'Kanner soss Schwieregkeeten hunn, fir un Daten erunzekommen, déi se fir d'Schoul brauchen. An ebe grad de Computer an den Internetzougang si fir munch Elteren e grouse Posten an hirem Budget. Grad fir dës Elteren ass en Internetzougang, deen op der Basis schonn en héijen Débit garantéiert an awer nach ze bezuelen ass, wichteg, well si soss Problemer hunn, fir alles ze bezuelen. Och iwwert dëse Punkt muss am Éducatiounsministère nogeduecht ginn an deem muss Rechnung gedroe ginn, wa Schoulprogrammer ausgeschafft ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als CSV-Fraktioun si mir der Meenung, dass een d'Netzneutralitéit net soll op déi liicht Schëller huelen an dass ee genaue Suivi néideg ass. Als Gesetzgeber muss mir dem ILR dee Kader ubidden, deen e brauch, fir seng Verifikatiouns-aarbecht esou gutt kënnen duerchzeféiere wéi méiglech. Fir de Moment geet de Kader jo duer, laut dem ILR selwer.

Mir begrëssen awer, dass d'Europäesch Kommissioun d'Netzneutralitéit gesetzlech festhale wëllt. Mir sinn ons alleguer bewosst, wéi séier den Internet sech entwéckelt a wéi eng Dimensioun dat Ganzt kritt. Fir eng europawäit uniform Positioun zu dësem Thema ze kréien, wat jo och d'Zilsetzung muss sinn, muss een den Term Neutralitéit natierlech och kloer definéieren, fir dass et herno keng Mëssinterpretatiounen bei deem engen oder anere gëtt.

Den E-Business spillt eng wichteg Roll, net nëmme fir d'Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg, mä och fir d'Innovatioun an d'Wäertschöpfung hei am Land. An dëst ass nëmmen da machbar, wann d'Netzneutralitéit weiderhi garantéiert bleift.

D'CSV-Fraktioun ënnerstëtzt nach ëmmer der Regierung hir Stratégie nationale pour les réseaux à ultra-haut débit, déi am Abrëll 2010 decidéiert gouf. Ech erënneren och kuerz un d'Resolutioun (veuillez lire: d'Motioun), déi d'Chamber am November 2011 ugeholl huet. Dës Resolutioun (veuillez lire: d'Motioun) fuerdert d'Regierung op, sech weider fir d'Netzneutralitéit um europäeschen an internationale Plang anzusetzen. Des Weideren huet d'Chamber d'Regierung opgefuerdert d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg genee am A ze behalen an, falls den ILR senge Missiounen net méi kéint gerecht ginn, eventuell Upassungen um Gesetz ze maachen.

Des Weideren ënnerstëtzt d'CSV-Fraktioun weiderhin d'Regierung an hire Beméiungen, fir aus Lëtzebuerg eng kompetitiv ICT-Plaz ze maachen. An duerfir ass d'Netzneutralitéit een, wann net dee wichtigsten, Ingrédient!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Adehm. An als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, den Internet ass aus eisem alldeegleche Liewen net méi ewechzedenken. Leit, déi keen Accès zum Internet hunn, oder e schlechten Accès op den Internet, riskéiere sozial ausgeschloss ze ginn. An dofir gesi mir als LSAP den Internet prinzipiell als Service public, zu deem jiddwereen en equivalenten Accès soll hunn. Dofir schwätze mir ons och, wéi bal alleguerten - ech hunn nach hei kee gehéiert, deen dergéint van dem Haus, an och dobaussen -, fir d'Netzneutralitéit aus. Mir wëllen, dass déi Technik jiddwerengem et erlaabt, sech fräi auszedecken, an dat weltwäit.

Här President, mir hunn zu Lëtzebuerg elo keng spezifesch Législatioun iwwert d'Netzneutralitéit. Mir hunn den drëtte Paquet Télécom vun der Europäescher Unioun ëmgësat an ons domat Instrumenter ginn, fir d'Netzneutralitéit ofzesécheren. Am Gesetz vum 11. Februar 2011 iwwert d'Réseaux et services de communications électroniques geet et ëm d'Schafe vun engem Ëmfeld, dat Konkurrenz erlaabt an do duerch och d'Netzneutralitéit ofséchere soll. Et

geet drëm, d'Rechter vun de Verbraucher ze schützen an eng onofhängeg Regulatioun vun den Netzer ze erlaben.

Et gouf bis elo zu Lëtzebuerg weineg Plaintë beim ILR, dass d'Netzneutralitéit net voll a ganz assuréiert géif. Wéi mer am November 2011 hei an dësem Haus iwwert d'Netzneutralitéit diskutéiert hunn, wousste mer aus dem Bericht vum BEREC, also dem europäesche Verband vun den nationale Régulateuren, dass den Téléfonsservice Skype vu verschiddene grouse Provideren an Europa an och zu Lëtzebuerg blockéiert gouf. Dat konnt zu Lëtzebuerg duerch d'Interventioun vun dem ILR ënnerbonne ginn, wat och weist, wéi wichteg dass et ass, e gudder Régulateur ze hunn.

Wuel gëtt et heiansdo déi eng oder aner Plainte iwwert d'Qualitéit vum Netz, wat awer nëmmen indirekt mat der Neutralitéit ze dinn huet, well wann d'Netzer net performant sinn, dann ass natierlech d'Fräiheet am Netz, dann ass d'Netzneutralitéit en eidelt Wuert.

Här President, et gëtt eng Internetöffentlechkeet, muss een och wëssen, déi sech organiséiert an och manifestéiert. Et ass souguer eng Partei doraus entstanden. An déi Öffentlichkeet iniquéiert sech iwwert d'Geforen, déi fir d'Fräiheet am Internet entstoe kënnen. Déi Angscht gëtt ënnermauert duerch déi autoritär Ugrëffer an Agrëffer an den Internet a Länner wéi a China, Russland, an alle Länner, an deenen d'Regierungen d'öffentlech Meenung fäerten.

Bei ons gëtt et dat selbstverständlech net, mä bei ons entsteet eng aner Zort Gefor fir d'Netzneutralitéit, wann d'Netzer net performant fir de risegen Dateverkéier sinn. Duerch an och duerch wirtschaftlech Iwwerleeunge kommen dann d'Netzbedreier dozou, wéi zum Beispill déi däitsch Telekom dat ugekënnegt huet, den Zougang zum Internet ze drosselen fir déi Leit, déi e gewëssene Pensum um Internetkonsum erreicht hunn.

Dat war jo och de Fall an Holland, wou verschidden Opérateuren den Accès op Skype blockéiert hunn. An do huet d'Regierung e Gesetz gemaach, fir esou an ähnlech Praktiken ze ënnerbannen an esou d'Netzneutralitéit ze garantéieren. Holland war der Meenung, dass e Gesetz eng besser Garantie fir d'Netzneutralitéit ka sinn, wéi wann een de Maart gewäerde léisst.

Och an der franséischer Assemblée nationale gëtt sech mat deem Sujet befaasst. De Conseil national du numérique huet a sengem Rapport vum 12. Mäerz 2013 festgehalen, dass ee muss légiféréieren, fir d'Netzneutralitéit ze erhalen a justement d'Drosselungen oder d'Blocagé vu verschiddene Services ze verhënneren.

D'Europäesch Kommissioun wollt laang näischt vu Regulatioun héieren, well se traditionell op d'Konkurrenz am Bannemaart setzt, fir d'Netzneutralitéit ofzesécheren.

Et schénge awer, wéi wann dat ännere géif. Schonn 2012 hat d'Kommissioun eng Recommendation announcement, fir verschidden Aspekter ze behandelen, wéi d'Transparenz an der Gestiou vum Trafic. An elo de 4. Juni 2013 huet déi zoustänneg Kommissärin, d'Madame Neelie Kroes, am Europaparlament an enger Ried eng Partie Propositionen ugekënnegt.

An der Haaptsaach kënnst dee Wiessel, dee Gesinnungswiessel, well d'Kommissioun fäert, de Bannemaart ouni Grenze géif duerch d'nationale Regulatiounen a Gefor bruecht ginn, dat heescht, zerstückelt ginn. D'Europäesch Unioun huet dofir déi rechtlech Viraussetzungen am Vertrag Artikel 170 an 171 iwwert d'transeuropäesch Netzer.

Wat seet elo d'Kommissioun?

D'Kommissioun wëllt zum Beispill d'Innovatioun encouragéieren. Wann een esou Innovatiounen wëllt, seet d'Kommissioun, soll ee kënnen dofir extra bezuelen. D'EU däreft dat net verhënneren.

Zweetens: D'Kommissioun wëllt d'Transparenz assuréieren. Jiddweree soll wëssen, wat a sengem Kontrakt steet, deen en ënnerscheift.

Drëttens soll jiddwereen déi Internetservicer wëlle kënnen, déi e wëllt. Dozou gehéiert de Wiessel vum Provider ouni Barrière, ouni Obstacle.

A véiertens sollen Innovatiounen um Maart fräi zougänglech sinn, ouni dass d'Internetprovider se blockéieren, wéi bei Skype.

Kaum war déi Ried eraus, ass jo och Kritik opkomm, well jo doduerch awer de Prinzip vun der Netzneutralitéit op eng gewësse Manéier ageengt gëtt. Well déi absolut Netzneutralitéit, déi absolut Fräiheet am Netz heescht, dass all Zort Trafic gläich ass an dass et kee wichtege a manner wichtege Trafic gëtt, muss jiddweree vun der Flatrate profitéieren, dat heescht vun deemselwechten Tarif, an dofir am Internet maache kënnen, wat e wëllt.

Dat ass jo am Fong geholl d'Approche, déi allgemeng akzeptéiert ass. Natierlech, wann d'Netz déi riseg Masse vun Donnéeën, déi doranner geschleist ginn, net méi packt, da mussen d'Netzbedreier wuel oder iwwel net nëmme massiv an d'Netzer investéieren, well dat ass déi Haaptkonditioun, fir dass dat funktionnéiert, mä e gewëssene Management vum Trafic, besonnesch an de Spëtzestonnen, muss méiglech sinn. An dee gëtt et elo schonns.

Wéi dee Management ausgesäit, ouni dass d'Fräiheet am Netz ënner Drock geréit, dat heescht, ouni dass d'Bedreier Abléck an den Inhalt vum Trafic huelen - dat ass jo da wirklech an déif gräifenden, en déiwen Agrëff an d'Inhalter -, dat ass natierlech eng schwiereg Équation, déi nach net geléist ginn ass, sou dass bis elo d'Netzneutralitéit nëmme kann assuréiert ginn, wa se da wirklech perfekt ass, vollkommen ass, duerch dat beschtméiglecht Netz.

Ech mengen, dass et doriwwer eraus trotzdem och méiglech muss sinn, dass am Internet Applikatiounen wéi zum Beispill fir d'Gesondheet oder natierlech am Katastropheschutz oder fir d'Sécherheet eng gewësse Prioritéit kann zouerkannt ginn. Et muss een och soen, dass et e gewëssene Management gëtt bei den Netzbedreier, déi hir Clientë géint Spame schützen. An dat gëtt jo och vun den Utilisateuren allgemeng unerkannt.

Et gëtt elo schonns, jee no Land, verschidden Ugebueder vun Internet, déi no de Bedierfnisser vun de Clientë verschidden Tariffer ubidden. Et ass jo och eng Fro, wat mat deene sougenannten „heavy users“ geschitt, déi jo d'Netz belasteschen op d'Käschte vun Utilisateuren, déi hir gängeg Alldagsgeschäfte um Internet maache wëllen: hir Mailen oder hir Daten erfzeluden, déi se kréien. Dat ass eng Fro, déi sécher an där europäescher Diskussioun wäert maassgebend sinn, ob een eng gewësse Regulatioun soll maachen oder net.

D'Netzbedreier gerode jo och ënnert den Drock vun den Internetmultië wéi Google, Yahoo, Facebook; et ass och scho gesot ginn d'ënescht. Déi Multien hu riseg Uspréch, sinn ënnerstëtzt vun de Clienten, well d'Clienten do hiren Interessi dru fannen, a si wëllen natierlech esou mann wéi méiglech bezuelen, wat dann eng grouss Pressioun fir déi Haaptnetzbedreier ass.

Den Haaptopérateur an och den Haaptinvestisseur zu Lëtzebuerg op deem Gebitt ass natierlech d'Entreprise publique vun der Post. Aus den Erklärungen vun där Entreprise, och an der Kommissioun, geet ervir, dass zu Lëtzebuerg, wéi am europäeschen Ausland, d'Fro gestallt gëtt, ob verschidde Präisser fir verschidde Qualitéite vu Services méiglech sinn. Fir d'Post kann esou eng Praxis kompatibel si mat der Netzneutralitéit, wann eben déi néideg Regele bestinn.

Aner Opérateuren, déi wëllen um Tarif standard festhalen, also wëlle keng national Législatioun a fannen, dass d'Konkurrenz assuréiert gëtt. Wat fir den Abléck och méiglech ass, well eben d'Netzer zu Lëtzebuerg esou gutt sinn, dass se all Bedierfnisser ofdecken.

Här President, onse Bericht, fir deen ech dem Här Berger selbstverständlech félicitéieren, deen och vill Aarbecht doranner gestach huet, seet eigentlech net vill, wou et soll higoen. D'Orientatioun ass relativ vag. Dat war och d'Konditioun, firwat dass een do konnt en allgemenge Konsens, bal allgemenge Konsens fannen. D'Konklusiounen vum Rapporteur sinn e bëssen ofgehewen, an ech wëll soen, schwammen och an engem gewëssenen „angélisme“.

Ech résuméieren déi Konklusiounen esou: Mir si fir d'Netzneutralitéit ouni Restriktioun. Mir wëlle keng gesetzlech Regulatioun vun der Netzneutralitéit zu Lëtzebuerg. Mir soen elo emol näischt iwwer eng gesetzlech Regulatioun um europäesche Plang, mir waarden emol of. Mir hu Vertrauen an den ILR. Mir sinn net géint Investissemeter, mä d'Consommateure sollen de Präis dovunner net spieren.

Dat ass alles natierlech politesch weineg zwéngend. Ech verstinn dat och, well kee sech esou richtig wëllt op deen Terrain bewegen, well, wéi gesot, d'Netzneutralitéit eng helleg Kou ass a mir jo och alleguerten natierlech fir déi méiglechst grouss Fräiheet am Internet sinn.

Wat meng Konklusiounen am Numm vun der LSAP ugeet, wëll ech der dräi soen:

Éischtens, mir mengen net, dass de Maart alles vum selwe léise kann.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- An de Maart ass och net eleng capabel, d'Fräiheet vum Internet voll ze erhalen. Mir mengen dofir, dass op d'mannst eng europäesch Regulatioun muss kommen, fir Transparenz, fir Konkurrenz, fir Innovatioun ofzesécheren a virun allem och dominant Positiounen vu Serviceprovideren ze verhënneren.

Ob mer e Gesetz zu Lëtzebuerg maachen? Bon, wann eng europäesch Regulatioun kënnst, dann transposéiere mer déi jo selbstverständlech a Lëtzeburger Recht. Mä ob mer en eegent Gesetz zu Lëtzebuerg maache sollen, hänkt natierlech och vun deem Inhalt vun där europäescher Regulatioun of. Dofir kann ee vu vieren net ausschléissen, dass eng Kéier e Gesetz doriwwer zu Lëtzebuerg kënnst.

Mä, wéi gesot, wann ech dee Gesinnungswandel bei der Madame Kroes gesinn, wat jo eng extrem liberal Kommissärin ëmmer war, hin zu enger gewëssener Législatioun - net nëmmen eng Recommendation, mä eng Législatioun -, da muss mer kucken, wéi dat sech dévlopéiert. Dat soll anscheinend e véierte Paquet Télécom ginn. Elo wär et natierlech interessant, vun der Regierung ze héieren, ob do schonn Texter komm sinn an ob schonn Diskussiounen gefouert gi sinn.

Här President, zweete Punkt: Lëtzebuerg huet fir den Abléck keng Problemer vu Capacitéiten. Natierlech kann een der Post, der Entreprise publique net zoomudden, eleng fir d'Investissemeter opzekommen, ouni déi Investissemeter anstänneg no wirtschaftleche Kritäre rémunéiert ze kréien. Et ass net ze erwaarden, dass Innovatiounen am Internet am Interessi vun de Verbraucher geschéien, wa se net och op déi eng oder aner Manéier kënnen rémunéiert ginn.

An drëtte Punkt: Den Internet ass e Service public, hunn ech am Ufank gesot. Wat d'Inhalter ugeet, soll do ouni Diskriminatioun egal wat an egal wéi ouni Zensur an ouni Barrière iwwermëttelt ginn, am Respekt vun de Gesetzer a vum Ordre public natierlech. Mä ech mengen, an dat hu mer och an der Kommissioun öfters diskutéiert an thematiséiert, et muss méiglech sinn, fir Déngschtleeschungen wéi zum Beispill um Gebitt vun der Gesondheet - E-Health heescht dat op Englesch - oder vun der Sécherheet Prioritéite virzegesinn an deenen am Netz déi Prioritéit ze ginn.

Dat gesot, Här President, erwaarden ech selbstverständlech mat Spannung d'Aussoe vun deem neie Kommunikatiounsminister an dësem eminent zukunftschrächtege Beräich.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de 17. November 2011 hat ech am Numm vun der grénger Fraktioun d'Regierung iwwert de Prinzip vun der Netzneutralitéit vum Internet interpelléiert. An eng vun de Konsequenzen vun där Interpellatioun, dat war eng Motioun, déi eestëmmege ugeholl ginn ass. An där Motioun stoung dran, mir géifen d'Regierung opfuerderen: «à inscrire dans la loi le principe de la neutralité de l'Internet (...) en tenant compte des développements sur le plan de l'Union européenne».

Och no deene villen an interessanten Ausféierungen vun der Kommissioun, och no der Lecture vum Rapport vum Här Berger an och no deene mëndlechen Aussoen hei vun deene Vertrieder vun de Fraktiounen, déi viru mir geschwat hunn, bleiwen ech a bleift déi gréng Fraktioun bei der Meenung, datt mer sollen aktiv ginn an de Prinzip vun der Netzneutralitéit an d'Gesetz schreiwen.

Ech hat mech dofir och am Numm vun der grénger Fraktioun beim Vote vum Här Berger sengem Rapport enthalen. Mir sinn zwar mat villen Duerstellungen am Rapport d'accord, alerdéngs net, wat dat Wichtigst ugeet, an zwar mat der Konklusioun!

Als Gréng bedauere mir eng Konklusioun, déi, iwwerspëtzt formuléiert, just Folgendes seet: „Kommt, mir maachen emol näischt a waarden einfach op eng EU-Direktiv. Dat dauert zwar nach mindestens bis 2016 an et kënnst vläicht guer näischt Positives dobäi eraus, mä dat ass jo net schlëmm.“

deéi gréng plädéieren haut genau wéi 2011 fir de Contraire. Näischt maachen ass schlëmm. De Prinzip vun der Netzneutralitéit ass ze wichtig, fir en dem fräie Maart ze iwwerloosen. De fräie Maart ass kee faire Maart a kee soziale Maart a kee gerechte Maart. De fräie Maart privilegéiert ëmmer déi grouss Monopolisten, déi finanzstaark international Konzern a riskéiert, kleng a mëttel oder innovativ Start-up-Betriber ze benodelegen.

Mä d'Netzneutralitéit huet och onofhängeg vun den ekonomeschen Enjeuen e wichtege



dateschutzpolitisches Notze fir all Bierger. Wann d'Opérateuren net gezwonge sinn, fir sech par rapport zum transportéierte Contenu neutral ze verhalten, ass et fir si natierlech méi lukrativ, fir verschidde Contenue geziilt ze privilegiéieren oder am Contraire och ze bremsen.

Fir dës Prioritéite kënnen ze applizéieren, musse si awer wëssen, wat an allen eenzelnen Datapäck dran ass. An dofir gëtt et dann esou „flott“ Techniken haut wéi „Deep Packet Inspection“. Refuséieren, eng streng Netzneutralitéit anzeféieren an duerchzesetzen, riskéiert deemno, zu enger genereller Iwwerwaachung an dem Filtrage vum Internettrafic ze féieren.

Ech probéieren dann och emol, unhand vun deenen Argumenter, déi ëmmer erëm optauchen, déi eng Keier ze ënnersichen an ze kucken, firwat datt mir eventuell zu enger anerer Konklusioun komm si wéi vill aner Leit. Ob-schonn ech mer nach net esou sécher sinn. Ech wäert ganz zum Schluss nach eng Keier drop zrëckkommen, wat eigentlech den Optrag war a firwat datt ech mengen, datt mer deelweis och méi wäit diskutéiert hunn, wéi den Optrag eigentlech war.

Een Argument, wat ëmmer erëm erëmkënnt: Mir wieren ze kleng, mir sollen net virun de Won lafen, mir sollen ofwaarden. Erstaunlech eigentlech! Eréischt gëschter - an d'Madame Adehm huet et och gesot - hu mer unanime hei de Projet de loi 6485 gestëmmt. Mir hunn eis domadder e Gesetz ginn, wat méi Sécherheet am Fall vun enger Faillite vun engem Prestataire am Beräich vum Cloud computing schafft.

Ganz houfreg waren d'Kollegen hei op der Tribün, a gradesou houfreg war d'Madame Justiz-ministesch. „Nei ekonomesch Nischen an nei Kompetenze fir Lëtzebuerg. Dat éischt Land, wat esou eng Législatioun kritt. Ee wichtige Virsprong fir d'Lëtzeburger Industrie. An den Timing hätt net besser kënne sinn!“, sot d'Madame Modert.

Wat heescht hei ze kleng? D'Hollänner an d'Slowenen hunn de Prinzip vun der Netzneutralitéit an d'Gesetz geschriwwen. Dat sinn och net grad déi allergréisst europäesch Länner. Mir selwer hunn net gezéckt, fir eis eng positiv Législatioun am Beräich vun der Finanzwelt ze ginn. Dat hu mer dach relativ gutt gemaach. Do hu mer dach net ofgewart, bis mer vu Bréissel gesot kritt hunn, wat mer sollte maachen.

Léif Kolleginnen a Kollegen, déi gréng si geneesou sensibel an interesséiert, Lëtzebuerg als Standuert fir den E-Business auszebauen. déi gréng sinn awer anscheinend méi sensibel wéi vill anerer, och d'Rechter vum eenzelne Bierger an och déi vu méi klengen Entrepreneuren op ee fräien a fairen Internet ze schützen.

Eng aner Fro, déi ëmmer erëmkënnt: Mir géife riskéieren, Wettbewerbsnodeeler ze kréien, wa mer géifen am Beräich Netzneutralitéit légiféieren. Dat gëtt ëmmer gefaart. Mä mir brauchen net ze fäerten! Mir si jo gutt opgestallt. D'Regierung ass dach scho jorelaang amgaangen, mat deene Betriber, wou mer zu honnert Prozent Aktionär sinn, an ee Breetbandréseau ze investéieren. Mir hunn eng Qualitéit vu Réseauen, do gi praktesch all Länner ronderëm eis neidesch. Mir kënnen eis d'Netzneutralitéit leeschten.

Mir kënnen domat kloer e Wettbewerbsvirdeel fir kleng an innovativ Betriber ubidden. A mir dierfen net vergiessen, datt déi grouss vun haut, déi eventuell een Interêt drun hätten, de Réseau zu hirem Virdeel ze notzen, virun zéng Joer och nach kleng an innovativ waren. Et wier aus grénger Siicht eng besser a laangfristeg méi sécher Strategie, fir op PMEen ze setzen, wéi ëmmer nach wëlle Giganten op Lëtzebuerg ze lackelen. Dat gëllt fir den IT-Beräich, awer net just fir do.

Da gëtt ëmmer erëm gesot, de Réseau misst géréiert ginn, well soss kéint et zum Datestatu kommen. Dat steet op ville Plazen am Rapport. Et gëtt och gäre vun de Réseaubedreiwer als Argument ugefouert.

Mir sinn der Meenung, datt d'Netzwerkmanagement zu kengem Moment därer d'Netzneutralitéit a Gefor bréngen. Et gëtt na-

tierlech och haut schonn e gewëssen Undeel vu Gestiouen am Netz, datt streide mer net of an dat mécht och Sënn. Mä déi Gestiouen därf net bedeiten, datt verschidden Notzer, verschidden Ubidder, verschidden Dëngschter, Geräter, Uschlëss oder och geografesch Regioune benodelegt ginn.

Moosnamen, Mesurë vum Provider zum Netzwerkmanagement mussen transparent bleiwe vis-à-vis vum Notzer a mussen och vum Régulateur iwwerwaacht ginn. Selbstverständlech wiere mir eis géint all „Deep Packet Inspection“. Dat verstéisst an eisen Aen engersäits géint d'Netzneutralitéit an och géint d'Fernmeldegeheimnis. Dat ass ee massiven Agrëff an d'Grondrechter an dofir ofzelehnen.

Wat d'Méiglechkeete méi grouss sinn, fir d'Date méi geziilt an ageschränkt ze verdeelen, wat den Interêt, d'Reseauen auszebauen, méi kleng gëtt.

D'Meenunge ginn och auserneen, wéi wäit esou een Netzmanagement iwwerhaupt néideg ass.

De Markus Bechedahl, ee vun deenen zwee Experten, déi mer am Kader vun dësem Débat d'orientation an d'Chamberskommissioun invitéiert haten, seet zum Beispill kloer, datt eng Analys vun der Enquêtékommissioun vum Däitsche Bundestag, déi d'Représentantë vun der DE-CIX invitéiert hat, festgestallt huet, datt et keng Surcharge vun de Backboneréseae géif an Däitschland ginn. An den Här Bechedahl ass a senger Konklusioun och ganz eendeiteg. Am Rapport steet: «Il s'agit de garantir la neutralité d'Internet avant que les opérateurs télécom ne nous mettent devant le fait accompli. M. Markus Bechedahl estime qu'un cadre régulateur imposé par les États est indispensable.»

Eisen zweeten Expert, d'Madame Nadia Kutscher, kënnt zu darselwechter Konklusioun: «Sans régulation imposée, l'accès à Internet sera gouverné selon les lois du marché et donc en fonction des critères économiques».

Léif Kolleginnen a Kollegen: Gläicht Recht fir alleguer, gläicht Netz fir alleguer! Firwat si mer hei? Fir d'Fräiheet vum Eenzelnen ze schützen? Dat géife mir emol mengen. Oder fir d'Fräiheet vu grouse Konzerner ze schützen, fir dem Eenzelne méiglechst vill Geld ofzeknäppen?

Mir hu Gesetzter, fir alles ze regelen, awer beim Internet soll sech alles vun selwe reguléieren. Hate mer net och vill ze vill laang gegleeft, datt wier am Bankesecteur esou?

Wien hëlleft, de Réseau bezuelen? Wann och mir als Gréng betounen, datt déi Strategie, fir de Réseau auszebauen, déi richteg ass, da si mer eis natierlech och bewosst, datt dat selbstverständlech Sue kascht. Historesch gesinn ass den Zougang zum Internet iwwer e Forfait gepusht ginn, wéi d'Leit nach net vill vun dësem Forfait oder vun enger Flatrate profitéiert hunn. Haut, wou ëmmer méi Leit Apparater hunn, déi ganz vill Applikatiounen zouloossen an och ganz einfach zouloossen, stellen dann ëmmer méi Providerse fest, datt se mat de Flatratetarifer hir Onkäschten net méi gedeckt kréien. Si sinn also Affer vun hirem eegenen Erfolleg.

Wéi finanzéiere mer? Haut ass et jo esou, datt de Präis sech engersäits no der Vitesse vun der maximaler Transmissioun rieht an och nom forfaitaire Volumen, dee kann erfoluede ginn. Dat ass och logesch. Et huet jo och net wierklech jiddwereen déiselwecht Besoinen. Net jiddwereen ass en „heavy user“. An datt een „heavy user“, dee méi a méi schnell wëllt erofan eroplueden, och méi bezilt wéi een, dee just seng Maile liest, ee Blog bedreift an e bësse surft, dat schéngt eis engersäits logesch an anersäits och een Usporn ze sinn, déi technesch Entwécklung an eng innovativ Richtung ze dreiwien.

D'Post seet, datt 20% vun den Utilisateuren 70% vum Internettrafic géife generéieren. Dofir gëtt et jo och déi verschidde Moeenen, wéi ee sech kann un den Internet uschlëssen. Mir gesinn eigentlech kee Problem do. Déi Däitsch Telekom schwätzt vu ronn 3% vun den Notzer als „heavy users“. Mir gesinn dee Wee, deen dës Firma mat hirer neier Tarifstruktur ageschloen huet, als ganz geféierlech! Net fir näischt gëtt et méttlerweil eng grouss Biergerpetitioun un

de Bundestag, an duerch d'Medië geeschtert méttlerweil de Spätznumm „Deutsche Drosselkom“. De Choix vun dëser Firma ass ganz kloer net kompatibel mat der Netzneutralitéit; ech komme méi spéit nach eng Keier dorobber zrëck.

De Präis vun den Abonnementer, wéi gesot, dee muss transparent sinn. An de Consommateur muss kënne wielen, wat fir hien dat richteg Angebot ass. A mir mengen, datt dee Choix och haut muss méiglech sinn, ouni d'Technologë vum „Deep Packet Inspection“ anzusetzen. Eng gewësse Staffellung vum Präis schéngt eis néideg a berechtigt. Mir hunn all en Interêt drun, datt den Zougang zum Internet präiswäert an neutral ass. Mir sinn awer net der Meenung, datt den Zougang kann oder muss gratis sinn.

«Les internautes socio-économiquement avantagés peuvent se permettre une qualité de service élevée», dat ass eng Bemierkung vun der Madame Kutscher, déi esou am Rapport steet. Dat ass richteg an dat ass bedauerlech. Mä dat ass a ganz, ganz ville Beräicher esou. An et ka jo net sinn, datt mer hei probéieren, Egalitéit vun all de Bierger just an engem Beräich ze realiséieren. Ech mengen, Sozialpolitik ass e Volet fir sech an do soll een och net alles duerchneegheien.

Brauche mer eng Käschebedeelegung vun den Netzgiganten? Dat ass och hei ugeschwat ginn. Dat schéngt jo éischter sympathesch. Firwat solle megagrouss Konzerner wéi Google, YouTube, Apple, fir déi mir ganz vill Backbone brauchen, sech net mussen un de Käsche vum Réseau bedeelegen? An esou seet och d'Post, datt op laang Siicht een och eng Méiglechkeet misst fannen, fir dës Entrepreneuren un de Backbonekäschen ze bedeelegen.

Mir sinn allerdings der Meenung, datt dat kee richtigeen a kee gangbare Wee ka sinn. Mir mengen éischter, datt dat d'Enn vun engem oppenen Internet wier. Dës Entrepreneuren, déi eng Monopolstellung hunn, zum Beispill Google oder Facebook, déi géifen da bezuelen, fir datt hir Produite prioritär géifen duerchgeleet ginn. Eng Konsequenz wier dann, datt aner Usageren natierlech benodelegt wieren. Hir Servicer géifen net esou séier duerchgoen, si géifen eng Perte u Qualitéit maachen. An domadder wier an eisen Ae ganz kloer d'Neutralitéit vum Internet um Spill. Da kéint een net méi vun engem neutralen Netz schwätzen.

Dir sot alleguerten, déi bis elo hei geschwat hunn - an Dir sot dat och zu Recht -, mir hätte jo zu Lëtzebuerg kee Problem. Engersäits steet am Rapport vum ILR, datt et awer guer net esou schwéier wier, wa mer e Problem hätten, fir ze reagéieren. Si schreiwen: «À noter que l'activité de fourniture de réseaux est seulement soumise à notification auprès du régulateur national et ne nécessite donc aucun agrément.» An: «L'ILR peut théoriquement interdire à un opérateur d'effectuer une gestion de trafic, mais une telle décision entraîne une procédure complexe, notamment le recours à une consultation publique.» Dofir wonnert et eis och, datt de Régulateur - an ech fannen, e widdersprécht sech hei e bësseleche selwer - seet, datt mer zu Lëtzebuerg am Moment kee Besoin hätten, fir ze légiféieren.

D'LU-CIX, déi sinn der Meenung - dat ass interessant -, datt een eigentlech kéint de Prinzip vun der Netzneutralitéit an d'Constitutioun schreiwen. Si soen awer och, datt eng Législatioun ze vill contraignant kéint sinn, an dofir wëllt se dat net. Déi eenzeg eigentlech, déi aus der Rei dantz, ass d'OPAL, déi alleguerten déi grouss Opérateuren vun der Telekommunikatioun an -distributioun zu Lëtzebuerg repräsentéiert, ausser, wéi gesot, d'Post. Si huet eng ganz Rei Äusserunge gemaach, déi, sou wéi se am Rapport stinn, op alle Fall bei eis op Oflehnung an Onverständnis stoussen.

Zum Beispill seet se, datt d'Servicer IPTV net Deel vun dem Débat iwwert d'Internetneutralitéit sinn, well dat Servicer wieren, wou eng Valeur ajoutée derbäi wier. Mir deelen déi Positioun wierklech net. Si seet och, datt d'Konkurrenz an d'Transparenz um Marché alles géife vum selwe regelen an d'Neutralitéit vum Internet domat respektéiert wier. Si seet, esou steet

et am Rapport, datt den oppenen Internet ouni Restriktiounen eng Diminutioun vun der Qualitéit fir all d'Utilisateuren géif bidden.

An am allergeféierlechsten - oder net am allergeféierlechsten, mä och ganz geféierlech - ass ee Punkt, dee vun der OPAL ugefouert gëtt. Si seet, d'Präisser vun der Téléphonie mobile zu Lëtzebuerg wiere relativ héich, a wa mer géifen eng Législatioun kréien, wou d'Gestioun vum Trafic net erlaabt wier, da missten d'Opérateuren investéieren. Mir sinn der Meenung, datt, wa mer an eng Situatioun kommen, wou den Opérateur de Choix huet, entweder ech maachen eng intelligent Gestiouen oder ech investéieren, da läit et jo op der Hand, datt en déi Sue wëllt spueren. An dat géife mir wierklech néfaste fir d'Entwécklung vum ganze Sektour fannen.

ICTLuxembourg hunn eigentlech eng ganz positiv Vue. Si sinn zwar net fir eng Approche législative nationale, mä si soen awer, datt zum Beispill eng Resolutioun vun der Chamber eng flott Saach wier. Dat wier e staarke Message an dat géif deem ganze Sektour am Fong geholl éischter notzen, wéi datt se do e Schued dra gesinn.

Mat all deenen Experten an all deene Concer-néierten, déi mer hei an der Chamberskommissioun haten, zéien ech fir déi gréng Fraktioun eigentlech d'Konsequenz draus, datt kee Mënsch eppes dergéint hätt, ausser der OPAL, wa mer géifen de Prinzip vun der Netzneutralitéit an d'Gesetz schreiwen. Ech soen nach eng Keier kloer: de Prinzip vun der Netzneutralitéit.

An ech héieren dann och, datt mer an der Kommissioun queesch duerch d'Parteien alleguerte soen, de Prinzip vun der Netzneutralitéit wier eis alleguerten immens wichteg. An dat deele mir. Mir kommen awer duerfir net zur selwechter Konklusioun wéi d'Chamberskommissioun.

Mir sinn der Meenung, datt mer sollten direkt aktiv ginn, well wa mer och am Moment keng Mësstänn hunn, dann ass dat keng Garantie fir d'Zukunft. D'Beispill vun der Däitscher Telekom ass schonn hei ugefouert ginn. Déi Däitsch Telekom wëllt vun 2014 un hir Flatraten, wéi se um Festnetz verkaaft ginn, anescht ubidden. Do soll dann nëmme bis e bestëmmten Datavolume kënnen erfoluede ginn. A wat driwwer geet, dat gëtt dann zu 90% gedrosselt.

Dat ass u sech net nei. Aner Firmen drosselen net, mä verlaange vill méi héich Tariffer fir all Megabyte iwwert d'Flaterate-Limiteeraus. Domadder hu mir och net dee gréisste Problem.

► **M. le Président.** - Här Adam, Dir misst och lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Claude Adam** (déi gréng). - Ech wäert mech dann tommelen, Här President.

Den eigentleche Problem, dee mir hei gesinn, dat ass déi ongläich Behandlung, déi d'Telekom an de Raum stellt. Si soen dann zum Beispill, hir eegen Televisioun, déi „Entertain“ heescht, déi géif net dorënner falen. Dat wier jo een anereren Dëngscht, dat wier en „managed service“ an duerfir kéinte se deen anescht ubidden wéi zum Beispill déi Internetdëngschter YouTube an Netflix. Si soen, dat sinn zwou verschidde Saachen. An dobäi wësse mer awer, dat leeft alles duerch deeselwechten Internet. A mir mengen, datt grad just, wann een op de Wee geet, fir verschidden Datapäck ze privilegiéieren, da kann een ni méi vun Netzneutralitéit schwätzen.

An da kommen ech effektiv elo och zu mengem leschte Punkt. Et gouf an de Medien elo geschriwwen och - et ass vu munchem Riedner hei ugeschwat ginn -, d'EU-Kommissärin Neelie Kroes wëllt elo d'Netzneutralitéit EU-wäit festschreiwen. Bon, mir hunn hir Ried virum Europaparlament nach eng Keier ganz genau nogelies. An dat ass definitiv awer eng aner Schinn, wéi mir se bei der Netzneutralitéit fueren.

Si huet an deem Sënn och guer net hir éischter negativ oder Laisser-faire-Meenung geännert, mä just aner Wieder an Tournurë benotzt, fir genee datselwecht ze soe wéi ëmmer: fräie Choix ass wichteg, och fir d'Opérateuren, d'libre Concurrence garantéiert gutt Präisser an



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter





Innovatioun, an natierlech kënnen d'Opérateuren och nach extra Servicier ubidden. An dat ass genau dat, wat d'Telekom an Däitschland elo gemaach huet. An dat ass genau dat, wou mir mengen, datt et contraire géint d'Netzneutralitéit ass.

Mir sollten der Madame Kroes duerfir, éischstens, net allze vill vertrauen...

► **M. le Président.**- Här Adam, Dir misst wierklech elo zum Schluss kommen, wann ech gelift.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*):- Här President, wann ech lech dann eng Motioun ginn, gitt Der mer dann nach zwou Minutten?

► **M. le Président.**- Da schwätzt Der nach zu Ärer Motioun. Merci.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*):- Merci.

Ebe grad just, Här President, well mer der Meenung sinn, et soll een der Madame Kroes net allze vill vertrauen, an zweetens, well mer och mengen, souguer wa mer hoffen, datt vu Bréissel méi positiv Zeeche kommen, dann dauert et awer nach mindestens véier Joer, bis des Direktiv hei am Parlament läit, a mir sinn der Meenung, mir sollen de Standuertvirdeel Lëtzebuerg elo schonn notzen, eis gutt Réseauen elo notzen an och d'Suerge vun de Bierger eescht huelen, duerfir hunn ech lech elo grad, Här President, eng Motioun ginn.

Mir sinn nämlech der Meenung, datt et nach ëmmer gutt a richtig wier, wa mer an d'Gesetz vum 27. Februar 2011 iwwert d'Réseaux et services de communications électroniques expresse verbis géifen draschreiwten, datt et och eng Aufgab vum Régulateur wier, d'Netzneutralitéit ze assurieren.

A wann ech gesot hunn, ech froe mech, ob mer bei deem Débat hei net och e bëssen iwwert d'Zil erausgeschoss hunn, da kommen ech nach eng kéier op den Intitulé. Dat huet ganz genau mat menger Motioun ze dinn, Här President. Do stoung den Optrag dran, mir solle kucken, fir de Principe de la neutralité des réseaux Internet an eis Législatioun ze schreiwten. An et stoung net dran, mir sollen en eegent Gesetz maachen, wéi mer dat géife regelen. Dat soe mir och als Gréng, do musse mer op d'europäesch Direktive waarden.

Mä de Prinzip, deen eis alleguerten heibannen esou wichteg ass a wou mer alleguerte soen an och d'Opérateuren dobaussen, bis op een, alleguerte soen: „Dat ass wichteg!“, dee geséiche mir gären am Gesetz verankert. Domat géife mer d'Positioun vum Régulateur stäerken an domat géife mer och d'Positioun vun eiser Regierung stäerken, wa se op Bréissel muss verhandele goen an och kucken, wat dann d'Madame Kroes elo wierklech wëllt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu l'interpellation du 17 juin 2011 sur le principe de la neutralité du réseau Internet;

- rappelant que ses membres ont déjà adopté à la même date et à l'unanimité une motion du groupe parlementaire déi gréng invitant le Gouvernement à inscrire le principe de la neutralité de l'Internet dans la loi;

- considérant le rapport et les travaux de la Commission parlementaire qui sont à la base du débat d'orientation d'aujourd'hui;

- rappelant que la neutralité du réseau est un principe fondateur de l'Internet qui exclut au niveau de la transmission des données toute discrimination à l'égard de la source, de la destination et du contenu des paquets de données et qui garantit en conséquence un accès strictement égalitaire aux utilisateurs indépendamment de leurs ressources;

- considérant que la neutralité de l'Internet est un garant indéniable d'opportunités entre autres en matière d'innovation économique, de participation de l'individu à la vie sociale, de pluralisme informationnel et de diffusion générale du savoir;

- soulignant l'avis du Contrôleur européen de la protection des données (CEPD) du 7 octobre 2011 sur la neutralité de l'Internet, la gestion du trafic et la protection de la vie privée, qui attire l'attention sur les dangers potentiels des atteintes au principe de la neutralité des réseaux - notamment la violation systématique de la confidentialité des communications - qui nuiraient à la fois aux entreprises et aux citoyens, voire aux sociétés démocratiques dans leur ensemble;

invite le Gouvernement

- à inscrire dans la loi du 27 février 2011 sur les réseaux et les services de communications électroniques le principe de la neutralité de l'Internet;

- à défendre et à promouvoir le respect du principe de la neutralité de l'Internet au niveau européen.

(s.) Claude Adam, Camille Gira, Henri Kox, Josée Lorsché, Viviane Loschetter.

Den Här Biltgen stoung am Numm vun der Regierung menger éischter Motioun vum November 2011 positiv géigeniwwer. Elo si mer natierlech gespaant, wat deen neie Minister am Numm vun darselwechter Regierung zu där do Positioun seet.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. An als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*):- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Rapporteur an all deene Merci soen, déi un dësem Rapport matgeholfen hu schreiwten. Dat ass effektiv vill Aarbecht gewiescht. Et wär schéi gewiescht, wann aus de Kommissiounsarbechten en Text erauskomm wär, dee mer hei hätte kënnen zsummen adoptieren, sief et a Form vun enger Resolutioun oder enger Motioun, well dat jo och géigeniwwer deenen Acteuren dobaussen e staarkt Signal gewiescht wär. Dat ass leider net de Fall.

Mä eng richtig Debatt, an dat ass och e wichtige Constat vläicht, dee mer haut hei kënnen zeien, hu mer net, well mer eis jo u sech alleguer eens sinn, datt d'Netzneutralitéit ganz wichteg ass. Et ass effektiv, d'Nuancé leien an der Orientatioun éischter wéi am Prinzip. An ech mengen, et ass gutt, wa mer hei kënnen constatieren, datt all Parteien eigentlech op deem Prinzip vun der Netzneutralitéit grosso modo enger Meenung sinn.

Datt den Accès op d'Benotzung vum Internet muss e Recht sinn, an dat zu vernünftege Präisser, och dat steet net zur Diskussioun. Déi Debatt, déi mer haut hei féieren, dréit sech also och zu engem groussen Deel haaptsächlech dorëms, wéi wäit de Stat iwwerhaupt därfer oder sollt doranner agräifen oder wat hien de Providere soll soen, wéi wäit seng Rechter ginn oder net ginn.

Dofir wor et och gutt, datt den Här Berger am Ufank zwou Saache rappeliert huet, déi ech och nach wëll eng kéier kuerz rappeliere, fir all Mëssverständnis ze évitéieren. Mir féiere keng Debatt iwwer Contenuen, et ass keng Zensurdebatt, géint déi mer jo souwisou och all sinn. Den Internet ass kee rechtsfräie Raum, mä dat sinn aner Législatiounen.

An déi zweet Bemierkung, un déi een nach eng kéier soll erënneren, ass, datt mer och keng Debatt haut féieren iwwert d'Spionage am Internet. Do kënnen mer natierlech alleguer eis Meenungen dozou hunn. Mä am Internet musse Privatsphär, Mëscherechter an esou weider garantiert ginn. Ech mengen, do si mer eis och all eens.

Elo d'Fro vun der Législatioun. Musse mer légiféieren? Och déi gréng sinn nach eng kéier drop agaangen. Och d'Sozialisten hu vläicht éischter eng Attitüd, fir ze légiféieren. Mä dat muss een net direkt maachen. Ech mengen, an der Debatt an der Kommissioun sinn eng ganz Rei Tëschenetappen emol erauskomm, déi ee soll voll profitieren.

Dat Eent ass, datt mer dat, wat am Ablack u Prinzipien, u gudde Conduiten an deem Beräich existéiert, solle kontrolléiere mat der Hëllef vu staatlechen Acteure wéi dem ILR, mä och mat der Hëllef vu Biergerinitiativen, vun eis Parteien oder aneren, déi kucken, wéi dat dann elo am Internet geschitt. Et ass also dat Eent: Déi aktuell Prinzipien, déi gëllen, déi mussen applizéiert ginn.

Zweetens musse mer kucken - an dat hätte mer och sollen hei vläicht recommandieren -, datt déi Provideren, déi Acteuren, déi an deem dote Beräich aktiv sinn, sech e Code de bonne conduite ginn. An dat wär schonn e Schrëtt an déi Législatioun eventuell, déi da spéider eng kéier kënnt, soubal mer d'EU-Recommandatiounen an deem do Beräich géife kennen.

Et ass wichteg awer, an do adressieren ech mech un d'Regierung virun allem, datt een net zwou Saache matenee vermëscht. Dat Eent ass: Mir mussen net onbedéngt direkt de Prinzip vun der Netzneutralitéit an d'Gesetz aschreiwten, well mer eis u sech och all eens do sinn, mä dat entbënt d'Regierung net vun enger gewëssener Aktioun.

Ech géif der Regierung et gär soen, wa se géif nolauschteren, datt d'Aktioun vun der Regierung awer gefrot ass an dësem Beräich. Et gëtt eng ganz Rei Aktiounen, déi Der sollt ënnerhuelen, déi Der vläicht och schonn ënnerhuelt. Dat ass zum Beispill am Beräich vum Roaming, wou och d'Europäer aktiv sinn, mä och, well vill Lëtzebuerger eben - mir si kee grousst Land - am Ausland op mobil Téléphonie an op aner Saachen zrëckgräifen: beim Voice iwwer Internetprotokoll, beim Roaming awierken, datt dat wierklech keen Hindernis ass.

Grenziwwerschreidend Geschäfte mam Internet: idem, zesummen alt erëm eng kéier mat

den europäeschen Institutiounen. Dat ass e Problem, un dee vill Lëtzebuerger stoussen, wa se Geschäfte iwwer Internet wëllen ofwëckelen. Och dat ass en Handlungsberäich, wou Der zesumme mat den europäeschen Institutiounen kënnt fir d'Lëtzebuerger Interessen anrieden.

An en drëtten Beräich ass selbstverständlech och: am Ausland ëmmer fir d'Fräiheet vum Internet anrieden, sief et am politeschen oder an anere Beräicher.

Wat d'Provideren ugeet, do wollt ech awer och soen, datt hei d'Investissementen - et ass vun all Mënsch gesot ginn, dee viru mer geschwat huet, vun alle Kollege gesot ginn -, datt d'Infrastrukturen an d'Investissementen an d'Infrastrukture musse virugedriwwen ginn, fir datt d'Volumina grouss genuch sinn, datt net muss gedrosselt ginn.

A virun allem sollen och d'Provideren hir kontraktuell Obligatiounen géigeniwwer de Clienten voll respektieren. Ech mengen, et därfer näischt versprach ginn an de Kontrakter, wat herno net erfüllt gëtt. Ech mengen, do ass d'Regierung gefuerdert, fir ze kucken, datt déi Obligatiounen respektiert ginn, mä och, datt se transparent sinn an datt d'Leit dat a verständlecher Sprooch gesot kréien an net an engem Internetjargon oder eppes, wou nëmmen e puer Leit verstinn, wat iwwerhaupt an deene Kontrakter steet. Och do ass d'Regierung gefuerdert, fir ze kucken, datt d'Kontrakter kënnen an enger Sprooch formuliert ginn, déi dann net eng aner Form vun Exklusivum an dee Marché aféiert, nämlech doduerch, datt d'Kontrakter net verständlech sinn.

Fir kleng Fournisseuren am Internet, fir Leit, wéi och den Här Adam an anerer se rappeliert hunn, déi haaptsächlech E-Mails, Bloggen oder aner Saache maachen, oder och fir kleng Entrepreneuren därfer et kee Péage gi fir an den Internet eran. Dat wär en Obstakel fir d'Geschäftsaktivitéiten, och en Obstakel fir d'Privatsphär.

An et därfer selbstverständlech net vergiess ginn, datt och keng Péage fir kleng Fournisseure sollen agebaut ginn, well den Internet haut e wichteg politescht Informationsmëttel ass fir vill Leit an och verschidde Parteien haaptsächlech iwwer Internet agieren. A wien e Péage aféiert fir kleng Fournisseuren, féiert domadder och eventuell eng politesch Zensur an. An dat därfer et selbstverständlech net ginn.

Also dann nach vläicht ee lescht Wuert, ech gesinn, Här President, ier Dir et sot, datt ech soll zum Schluss kommen. Dat maachen ech dann och. Awer ech wëll nach zwou Bemierkungen maachen iwwert d'sozial Aspekter am Beräich vum Internet.

Deen éischten ass selbstverständlech - ech mengen, do si mer eis all eens -, datt et net kann zu enger Fracture numérique komme fir déi méi aarm Leit. An dat heescht awer och, datt de Stat do, wou e selwer Responsabilitéit huet, op Plazen, wou méi aarm Leit sinn - a mir kennen där och a gewëssen Heemer, op anere Plazen, wou manner bevirdelegt Leit sinn -, datt de Stat do sollt kucken a sengen Infrastrukturprogrammer, fir och Computer- an Internetzugang zur Verfügung ze stellen.

Nach e lescht Wuert: Net jiddwereen an dëser Gesellschaft wëllt oder kann am Internet schaffen. Och wa mer hei eng Penetratioun vun 92% an eiser Gesellschaft hunn, gëtt et ëmmer nach Leit, déi net wëllen zum Beispill mat de Verwaltungen iwwert deen do Wee kommunizéieren. Fir déi musse mer och Infrastrukturen hunn an Infrastrukture behalen, wou se all Servicier kënnen vum Stat gratis, frëndlech an effikass kréien, ouni elo mussen op digital Mëttelelen zrëckgräifen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (*Onofhängeg*):- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischts dann ee ganz grouss Merci un de Rapporteur, de Kolleg Eugène Berger, fir seng Initiativ, dass en hei an der Chamber en Débat d'orientation organiséiert huet iwwert d'Neutralitéit vum Internet.

D'Konklusioun ass, et ass schonn hei ugeklongen, dass net soll légiféiert ginn. D'Neutralitéit soll deen ieweschte Prinzip sinn, fir eng dynamesch an ekonomesch Grondlag ze garantéieren, ouni déi sozial Inklusioun ze vernoléisegen, also en Internet vun deenen zwou Vitesen ze vermeiden.

Den Accès zum Netz ass e Recht, e fundamentaalt Recht, an d'Fräiheet, fir sech ze expriméieren, soll garantiert ginn a soll och en Instrument duerstellen, fir Innovatiounen an nei Aarbechtsplazen ze schaffen.

U sech ass de Kader garantéiert an et brauch een net ze légiféieren. Dat Wichtigst ass, den europäesche Raum am Viséier ze halen an ze kucken, ob do eppes ännert. Den ILR ass de Wichter, fir d'Neutralitéit ze garantéieren. An dofir dierft am Prinzip net ganz vill passéieren.

Mä trotzdem hunn ech awer d'Impressioun, dass dat Ganzt relativ onsécher ass, well d'Entreprise vun der Post a vun der Telekommunikatioun huet ze verstoe ginn, dass si net dergéint wär, fir een Deel vun der Neutralitéit vum Netz opzeginn. An do ass de Risiko, dee besteet. Lues a lues ass eng Ouverture méiglech, an d'Opérateure wäerten dann deem engen oder anere Fournisseur e Privileg zougestoen. Do wäert et sech da weisen, ob déi jeeweileg Regierung oder Regierungen légiféiere wëllen oder net.

Vun Europa aus erwaarden ech mir kee Signal, well hei stinn déi ekonomesch Considératiounen am Vierdergrond. A bis elo ass an Europa wéineg am Sozialen geschitt. Dofir hunn ech do meng Bedenken.

Eng aner Suerg sinn dann d'USA. Den Här Kartheiser huet gesot, mir sollen net vu Spionage schwätzen. Mä trotzdem, et ass enorm wichtig. Well hei hunn d'USA all Intérêt, dass d'Netzneutralitéit hei an Europa besteet soll.

D'Madame Aدهm huet gesot, Lëtzebuerg wär ze kleng; déi géife fortlafen, wa se misste bezuelen. Neen, Madame Aدهm, déi lafe guer net fort! Déi bleiwen hei, och wa se musse bezuelen. Mam Google, mam Skype a mat Facebook ass d'Ausspionéiere vun europäesche Bierger eng virprogramméiert Saach. Dat musst Der wëssen.

Facebook, Skype a Google ginn net ëmssoss gratis hei ugebueden. Firwat mengt Der, dass déi dat gratis ubidden? Alles, wat mir um Internet kucken, gëtt an den USA gespäichert. Alles! Dat ass eng Tatsaach. An dat muss ee wëssen, wann ee vum Internet Gebrauch mécht. De Spy program PRISM vun der amerikanescher Sécherheetsagentur NSA ass jo dat beschte Beispill. An dat wäert esou weidergoen.

Als Schlussfolgerung: D'Neutralitéit vum Netz ass wëschenswäert an normale Verhältnissen. Mä ech fäerten, dass déi finanziell Aspekter an Zukunft d'Iwwerhand wäerte kréien an dann d'Konkurrenz den Takt wäert uginn, zum No-deel vun der sozialer Komponent. D'Netzneutralitéit ass en zweeschneidegt Messer an de Prinzip vun der Netzneutralitéit, wéi den Här Adam sot, misst an d'Gesetz ageschriwwen ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Als leschte Riedner kritt elo d'Wuert den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*):- Merci, Här President. De Rapport zur Fro vun der Internetneutralitéit werft grondsätzlech Froen op. Et geet drëms, en Zweeklassen-Internet ze verhënnern an d'Grondrecht op Meenungsfräiheet och do ze garantéieren.

Duerfir ass et awer fir eis onverständlech, muss ech soen, firwat dee Rapport zwar all déi pertinent Froen opwerft an dann awer net wëllt de Prinzip vun der Neutralitéit vum Internet an d'nationaalt Recht aschreiwten. An der Belsch hu souguer virun enger Zäit sechs sozialistesche Deputéiert d'Initiativ geholl, dat Recht an d'Verfassung ze schreiwten. Wat ee sech och hei kéint iwwerleeën.

Mir brauchen awer op jidde Fall e Gesetz zu Lëtzebuerg, dat dee Prinzip festhält. A fir eng öffentlech Regulierung vum Internet, besonnesch vun deem Prinzip vun der Netzneutralitéit, hu sech jo och déi Experten am Rapport ausgeschwat, déi dozou gefrot gi sinn.

Et gëtt och jo, wéi schonn hei gesot ginn ass, eng sëlliche Länner, déi op dee Wee gaange si respektiv wëllen drop goen. D'Hollänner hunn e Gesetz ugehall. A Frankräich huet de Conseil national du numérique op Ufro vun der Regierung d'Noutwendegkeet vun enger nationaler Gesetzgebung bestäegt. A souguer an Däitschland hunn d'Verbraucherschutzministeren vum de Bundesländer eestëmmege eng national Gesetzgebung fir Däitschland proposéiert. Souguer Slowenien huet esou e Gesetz.

Duerfir kënnen mir als Lénk d'Konklusiounen vun deem Rapport hei net delen. Mir mengen net, dass mer op eng Initiativ op europäeschem Niveau waarde sollen, obscho mer och widerhi selwer wëllen aktiv an déi Richtung goen. Mir hunn um Enn vum Mount e Colloque zesumme mat der europäescher Lénkspartei hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Thema vun der Netzpolitik.



Et ass eis awer kloer, dass weder déi aktuell Europäesch Kommissioun nach déi zoustänneg Kommissärin Neelie Kroes iwwerhaapt wëlles hunn, eng seriö Législatioun iwwer Neutralitéit eranzebréngen. Nach am Januar huet déi Leschtgenannt an der „Libération“ fir en Internet différencié plädéiert, also, wéi ee kéint eventuell résuméieren: en Internet fir déi Räich, séier, oppen a sécher, an en Internet fir déi méi Aarm, lues an onvollstänneg.

Hei gesi mer och ganz daitlech, wéi déi neoliberal Wirtschaftsinteressen am Internet matspilen. An déi Wirtschaftsinteresse sinn och hei zu Lëtzebuerg ugesiedelt. Ech menge souguer, dass déi Wirtschaftsinteresse laangfristeg kënne souguer dee vill gelueften öffentleche Service, dee mer ëmmer nach hei zu Lëtzebuerg an deem Beräich hunn iwwert d'Post, a Fro stellen.

Duerfir menge mir och, dass d'Transparenz als Prinzip, dee vum Rapport hei festgehalen ginn ass a souguer e bëssen als en Allheilmëttel hei proposéiert gëtt, dass déi Transparenz bei Wäitem net duergeet an dass mer vill méi e staarkt Gesetz brauchen, dat den Zougang zum Internet fir all Mënsch garantéiert.

Ech hunn och déi Motioun hei gesi vum Här Adam an ech sinn och do mat der Konkusioun absolut d'accord, déi jo dra besteet, fir dee Prinzip an dat Gesetz vum 27. Februar 2011 ganz daitlech dran anzeschreiwen, fir dass dat Gesetz och déi Garantien, déi jo an deem Rapport hei verlaangt ginn, ka wierklech garantéieren. Well et ass kloer, wann déi fräi Konkurrenz op deem Secteur do spillt, eleng iwwert dee Wee, an dat bewiese jo och d'Experte ganz kloer am Rapport, ass déi Netzneutralitéit absolut net ze garantéieren.

Fir dass se garantéiert gëtt, muss eng Initiativ vum Législateur kommen, elo emol ugefaangen op nationalem Plang a vläicht herno ausgedehnt och, an darselwechter Stärkt awer dann, op europäeschem Plang.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. D'Wuert kritt elo den zoustännege Kommunikationsminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass mer haut iwwert d'Zukunft schwätzen. An déi Matière, déi eis hei beschäftigt, ass eng vun der Zukunft. Ech wënsche mer, dass dat méi oft de Fall wär. An ech gesinn och, dass mer hei eng breet Harmonie hunn iwwert d'Fassung, wéi mer mam Internet eens ginn.

Den Internet ass en Instrument vu Fräiheet an Innovatioun, an ech mengen, déi Aarbechten, déi hei gemaach gi sinn an der Kommissioun, déi ech en cours de parcours am Fong entdeckt hunn, well ech eréischt zënter zwou, dräi Wochen an der Fonctioun als Kommunikationsminister sinn, si fir mech äusserst interessant. Et ass eng Entrée an eng Matière, déi ech als Bierger, als Konsument kennt hunn, mä an där ech hei eng nei Dimensioun matkréien. An dofir mengen ech, och au vu vun deem, wat ech an deene leschten Deeg heiriwwer gelies an héieren hunn, ass et schonn eng ganz wichteg Dimensioun. Dofir géif ech och gären der Kommissioun, déi dee Rapport hei geschriwwen huet, an och dem Rapporteur, dem Här Berger, fir déi Aarbecht Merci soen.

Et ass fir mech eng wichteg Aufgab vun der Regierung, déi gesäit, dass se hei och am Parlament gedroe gëtt, op engem Prinzip, nämlech dem Prinzip vun der Netzneutralitéit, dee se scho laang am Fong verteidegt.

Wéi den Här Berger muss ech am Fong soen, dass den Numm vum „Open Internet“ besser reflétéiert, em wat et hei geet, well ze vill oft soss Konfusioun gemaach gëtt mam Contenu, deem iwwert den Internet geet; an dat ass jo, wéi och am Ufank vun deem Exposé de Mëtten hei vum Här Berger gesot, am Fong net den Objet vum „Open Internet“.

Wéi gesot, nach eng Kéier: De Prinzip selwer vun der Netzneutralitéit ass e Prinzip, dee mir jo net als Regierung... An enger Regierung, kann ech lech soen, ass eng Kontinuitéit. Och wann de Minister wiesselt, ass dat hei e Prinzip, deem d'Regierung scho méi laang vertritt, an deem ännert net doduerch, dass ech déi Fonctioun iwwerholl hunn.

Dee Prinzip vun der Netzneutralitéit hu mer scho versicht, an den Telekomspak virun e puer Joer eranzekréien, an den drëtten europäeschen Telekomspak, mä aus deene Grënn, déi bekannt sinn, ass dat an deem Moment net gemaach ginn. Do sinn eng Rei Prinzipien dran,

déi och de Mëtten hei rappeléiert gi sinn, ënner anerem och vum Här Fayot.

D'Transparenz, d'Konkurrenz, ech mengen, dat si Prinzipien, déi jo zum Deel an där Telekomdirektiv stinn. Déi sinn och wichteg. D'Méiglechkeet fir de Konsument, den Opérateur ze wiesselen, d'Konkurrenzrecht, wat ex post gräift, wann en Abus de position dominante do ass, dat sinn also Prinzipien, déi mer nach wie vor als wichteg fannen. Mä mir soen, dat geet jo net duer.

Ma wann de Konsument wëllt wiesselen, well de Service gespaart a gedrosselt gëtt vun engem Opérateur, an e geet bei een aneren Opérateur, mä wann deem zweeten oder drëtten Opérateur genau datselwecht mécht, dann hëllef dat net vill, an duerfir menge mir, dass hei de Prinzip vum „Open Internet“ ee wichtige wär, dee mer och weider missten als Lëtzeburger Regierung vertrieben.

Mir wëssen, dass dat zu Lëtzebuerg net de Fall ass - den ILR huet dat jo gekuckt -, mä dat ass awer an anere Länner de Fall, an duerfir ass et en Thema, mat deem mer eis mussen och zu Lëtzebuerg ofginn.

Ech hu gesot, et ass en Instrument, den Internet, en Instrument vu Fräiheet, et ass en Instrument och vun Innovatioun. An ech mengen, dat ass jo och ganz wichteg, fir ënner anerem kleng lëtzeburgergesch Start-upen zum Beispill, déi et vill méi schwéier hunn, fir kënnen de potenziell weltwäite Marché ze erobieren, wann Aschränkungen oder Blocage vusäite vun den Opérateuren erlaabt wäeren.

A grad elo, mengen ech, wou et vill méi Méiglechkeete gëtt, och grad duerch de mobilen Accès zum Internet, wou am Fong den Engpass ëmmer manner e Problem ass, op d'mannst a verschiddene Regiounen, ass et duebel esou wichteg, dass mer eis fir dee Prinzip do setzen, dass jiddwereen deem Accès zu deenen dote Stréim ka kréien, an duerfir wëlle mer eis och weider duerfir an Europa an heiheim fir dee Prinzip staark maachen.

Am Fong verlaangt dat haut no deem relativ breede Konsensus, deem heibannen ass, net vill aner Deklaratiounen wéi déi vun der Regierung, fir ze soen, dass mir dee Prinzip wichteg fonnt hunn, nach wichteg fannen an och wäerten an Europa offensiv vertrieben.

Elo hu bal all Riedner hei preziséiert, dass d'Kommissärin, d'Madame Neelie Kroes, wäert do Propositionen maachen. Esou Propositionen sinn net do. Soulaang se net do sinn, kann een och kaum driwwer diskutéieren.

Dann ass, mengen ech, e Konsensus hei, dass et kee Sënn mécht, an dëser Matière ze légiféieren, wa mer eis eens sinn iwwert de Prinzip vun der Wichtigkeet vun der Netzneutralitéit, well mer och gesinn - d'Beispill vun Holland ass zitéiert ginn -, ma an Holland, wou se am Fong dermat struewelen, fir där technologescher Evolutioun Rechnung ze droen, an domadder déi noutwendeg Ausnahme virgesinn. An duerfir hunn ech an der Nuance héieren, dass déi eng soen - an ech mengen, dass d'dominant Vue vum Rapport -, et soll ee keng Législatioun maachen, a just d'Kollege vun deene Grënge soen: „Mä wa mer eis eens sinn iwwert de Prinzip, da kann een de Prinzip eventuell aschreiwen ouni awer eng detailléiert Législatioun.“

Ech muss soen, dass ass eppes, mat deem ech ka liewen, well ech jo soen, mir si fir de Prinzip vun der Netzneutralitéit. Mä mir gesinn et als net intelligent, elo eng detailléiert Législatioun ze maachen, well mer mengen, dass een dat net ka just national maachen. Dat muss een europäesch voire global maachen.

An zweetens ass et ganz schwierig ze légiféieren, well et eng technesch Matière ass, déi evoluéiert a wou een ni kann alles millimetergenau, op d'mannst net à ce stade, virgesinn.

Niewent de Propositionen vun der Madame Kroes - well et sinn en fait Propositionen, déi d'Kommissioun eng Kéier muss maachen, et ass jo net, wéi wann ee Kommissär eleng do d'Hand hätt, fir dat ze schreiwen; déi muss ee sech ukucken - weisen ech och drop hin, dass eventuell Enn des Joers e Conseil européen am Niveau vun de Stats- a Regierungschefe soll sinn, deem iwwert den Numérique schwätzt. Et kann also ganz gutt sinn, dass en vue vun deem Conseil européen Propositionen vun der Kommissioun och kommen. An och do wäert et esou sinn, dass mir eis fir de Prinzip vum „Open Internet“ asetzen.

Ech kann als neie Kommunikationsminister liewen, wéi gesot, mam Prinzip, fir dee Prinzip anzeschreiwen, well dat och eppes ass, wat mir ëmmer gesot hunn. Dat ass also keng nei Position. Och de Minister Biltgen huet déi Positionen vertrauen.

Mir si fir dee Prinzip a mir hunn e jo och schonn iergendwou ageschriwwen, nämlech an eis Strategie fir den ultra-haut Débit, déi och ënner mir wäert weidergoen an nach méi intensiv

wäert weidergoen. Well ech mengen, et ass wichteg, dass mer op déi Situatioun vun den Engpass iwwerhaapt net kommen. An dat hunn ech och... Dat ass en Dossier, deem ech wierklech net elo eréischt entdeckt hunn, well als Finanzminister hunn ech deem an den Investissementer, déi an d'Breetbandstrategie gaange sinn, ëmmer voll a ganz ënnerstëtzt, well se ebe wichteg si fir d'Zukunft vun eisem Land.

Ech mengen, dofir ass et och wichteg, dass do d'Gemengen och hir Responsabilitéit mat iwwerhuelen, ënner anerem, dass, wa se Permission-de-voirien ausstellen, dass se déi och beim ILR mellen. Do gëtt et e Registre des travaux, fir dass och da kann déi Breetbandstrategie voll a ganz ausgemaach ginn.

Duerfir mengen ech, do musse mer un engem Strang zéien, dass Lëtzebuerg wierklech an där Strategie weiderkennt. Mä doranner steet schonn de Prinzip, a wann ee seet, mir brauchen de Prinzip, fir dass d'Opérateuren deem och gesinn, da kann een elo schonn drop hiweisen, dass deem an eiser Breetbandstrategie steet.

Ech hätt gären, dass déi Strategie weidergeet. Et ass eent vu mengen dräi Ziler als Kommunikationsminister, dass déi Ultra-haut-débit-Strategie virugeet. En zweet Zil, hunn ech gesot, ass d'Sécherheet am Netz, d'Cyber Security. An eng drëtt Prioritéit, déi ech mer als Kommunikationsminister ginn hunn, ass de ganze Secteur vun den „mobile payments“, well déi ëmmer méi wichteg ginn, d'Cash-Gesellschaft wäert lues a lues verschwannen.

Mä zu all deem gehéiert, an notament zu deem éischte Punkt vu menge Prioritéiten, dass mer de Prinzip vun der Netzneutralitéit och an där Philosophie, déi hei vun, géif ech mengen, alle Fraktiounen gedroe gëtt, dass mer deem och an der Zukunft weidermaachen.

Et kann een de Prinzip an d'Gesetz schreiwen. Mir applizéieren en de toute façon. E steet an der Stratégie ultra-haut débit an ech hunn als solches kee Problem, fir dee Prinzip och - mä nëmmen de Prinzip! - anzeschreiwen an d'Detailer ze gesinn à la lumière vun deenen europäeschen Texter, déi elo kommen.

Ech mengen, et ass wichteg, dass mer an dëser Matière eng zolidd Plaz an Europa bleiwen, wou d'Prinzipien no bausse bekannt sinn. An duerfir géllt et, mat dëser Matière, och mat deenen Investissementer - nach eng Kéier -, déi mer do maachen an eiser Strategie fir den ultra-haut Débit, d'Zukunft ze preparéieren an deem Dossier wéi hoffentlech och an aneren.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem zoustännege Minister. Domadder wär dës Diskussioun ofgeschloss. Mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun. Ech hunn hei eng Motioun virleien. Den Här Roth hat d'Wuert gefrot.

Motion 1

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, zu der konkreter Motioun: Ech mengen, do ass festzehalen, dass engersäits d'Kommissioun eigentlech gesot huet, dass ee sollt d'Développemententer op europäeschem Niveau ofwaarden. Anerersäits ënnersträicht de Rapport och, dass déi Lëtzeburger Gesetzgebung de Moment géif duergoen, fir d'Neutralitéit vun dem Internet ze garantéieren.

An an der Linn vun deem, wat de Kommunikationsminister elo gesot hat, kéinte mir averstane sinn, dass ee géif deem éischten Tiret vun der Motioun sträichen. Do steet «inscrire dans la loi (...) sur les réseaux (...) le principe...», dass een dee kéint bäibehalen, an et géif een net dermat d'accord sinn, fir eng ganz Législatioun an den Text ze setzen.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Entschëllegt, dass géif heeschen: bäibehalen oder net bäibehalen?

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Den zweete bäibehalen an den éischte sträichen.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Den zweete bäibehalen?

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo, jo.

► **M. Jacques-Yves Henckes (Onofhängeg).**- Also de Prinzip festhalen an d'Gesetz.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo. Den zweete bäibehalen an den éischte sträichen.

► **M. le Président.**- Den Här Berger hat och d'Wuert gefrot.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Ganz kuerz - virduun hunn ech als Rapporteur hei geschwat an ech hunn do d'Konklusioun vun der Kommissioun forcément presentéiert -, fir nëmmen ze soen, dass mer eis an der Kommissioun net nëmmen em de Prinzip bekëmmert hunn, mä dass mer eben och all Kéiers déi Froe gekuckt hunn, ob mer

net wierklech kéinten an eng spezifesch national Législatioun ëmsetzen, an eben, dass dann d'Konklusioun vun der Kommissioun war, dass mer do dat géifen dann ofwaarden, wat um europäesche Plang geschitt.

Ech doen elo vläicht eng aner Kap un, déi vun dem Member vun der DP-Fraktioun, fir och nach eng Kéier ze rappeléieren, dass mir ganz ferm fir de Respekt vun der Netzneutralitéit astinn an dass dat fir eis eppes ganz Wichtiges ass. Ech muss och soen, als Member vun der DP-Fraktioun hat ech eigentlech och au départ vun den Aarbechte geduecht, wat vläicht kéint derbäi erauskommen, dass ee géif herno soen oder fuerderen, dass een eng national Gesetzgebung spezifesch géif kréien. Ech hunn awer och am Laf vun der Aarbecht gesinn, dass dat, fir wierklech e spezifesch Gesetz ze hunn, relativ komplex ass. Mir hu jo och gesinn déi Aarbechten an deene Länner, wou et dat scho gëtt, wéi an Holland, dass se do ganz vill technesch a juristesche Schwierigkeiten hunn.

Ech mengen, elo hei déi Motioun: Et ass schued, dass den Här Adam déi vläicht net schonn an den Aarbechte mat erabuecht hat, oder déi liddi. Dann hätt een dat kënne mat verschaffen. Einfach nëmmen, fir ze soen, dass mir awer als DP-Fraktioun kee Problem hu fir de Prinzip, wann een dat dann elo och iwwer eng Motioun an e Gesetz aschreift. D'Fro bleift ëmmer: Wat kann ee sech konkret derfir kafen herno, wann dat iergendwou an engem Gesetz steet: „Mir respektéieren de Prinzip vun der Netzneutralitéit“, wat een also do konkret dovunner huet?

Dat gesot, kéinte mer awer déi Motioun stëmmen. Ech weisen awer dorobber hin also, dass dat an der Praxis herno vläicht awer dann, ech soen, iwwertücht gëtt, iwwerspillt gëtt vun all deene Kontrollmechanismen, déi mer schonn hunn. Mä bon, wéi gesot, also mir kéinten awer déi Motioun als DP matdroen. An ech hu jo gemengt ze verstoen, dass och de Kommunikationsminister kéint mat där Motioun eigentlech esou d'accord sinn.

► **M. le Président.**- Den Här Fayot, wann ech gelift.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Jo, Här President. Et ass e bëssen obskur, wou déi Diskussioun elo dohinnerleef. Also, mir hunn am Rapport, dee mer an der Kommissioun ugeholl hunn - mat der Ausnahm vum Här Adam, dee sech enthalten huet -, do steet an de Konklusiounen dran, dass mer eigentlech keng national Législatioun wëllen. Dat ass dat, wat de Rapporteur do drageschriwwen huet, well mer jo zu Lëtzebuerg an der Transposition vum drëtte Paquet Télécom déi Dispositiounen geholl hunn, fir d'Netzneutralitéit, den „Open Internet“ zu Lëtzebuerg ofzesécheren duerch de Régulateur, dee mer agesat hunn an deem déi Aufgab huet.

Esou dass ee ka soen: Indirekt steet d'Netzneutralitéit an der Transposition vum drëtte Paquet Télécom. A well mer och gehéiert hu vun deenen Erfahrungen, déi an anere Länner mat esou nationale Regulatiounen vun der Netzneutralitéit gemaach gi sinn, dass dat net ëmmer gutt Erfahrung waren, dass do Problemer waren, och fir da mat der technescher Entwécklung elo matzkommen. Dat ass also d'Situatioun.

Bon, jiddwereen ass jo hei fir d'Netzneutralitéit. Den Här Adam, dee seet elo, mir sollen dat an d'Gesetz asetzen. Perséinlech, no all deenen Diskussiounen, déi mer haten iwwer e Joer, och iwwert déi Fro vun engem Lëtzeburger Gesetz, fannen ech dat superfétatoire. Ech wëll do awer an där Logik si vun deem, wat mer geschafft hunn.

Mir hu gesot: „Mir wëlle keng national Regulatioun, mir wëllen eng europäesch.“ An ech mengen, dass kéint een eventuell an déi Motioun hei drasetzen. Dofir géif ech dem Här Adam proposéieren, eventuell den éischten Aliénéa ze sträichen an dann ze soen am zweeten Tiret: «à continuer à défendre et à promouvoir le respect du principe de la neutralité de l'Internet au niveau national et au niveau européen.»

Also, mir hunn d'Netzneutralitéit zu Lëtzebuerg. Si gëtt verdeedegt. Et ass d'Politik vun der Regierung. Et ass d'Politik vun de Bedreiw, besonnesch och vun deenen, déi Réseauen offréieren. An dofir, fir an der Logik ze bleiwen! Mä ech héieren elo den Här Berger hei, dass hien natierlech dat matmécht. Bon, hien ass de Rapporteur. Hien huet eppes aneschtens gesot am Rapport. Hei seet en elo: „Bon, mir huelen dann déi Motioun do un.“ Dat mécht sech jo dann och gutt no bausse bei deene Leit, bei de Piraten a bei all deene Leit, déi dofir d'accord sinn! Mä ech fannen, an der Logik vun deem, wat mer geschafft hunn, solle mer hei bis zum Enn logesch sinn.

Ech si mat deene Considérante vum Här Adam d'accord. Ech fannen dat alles richteg. Mä bon, elo ze soen, no all deem, wat mer gesot hunn,



puche mer dat alles iwwer Bord, mir setzen et dann awer an d'Gesetz, éier dann eng europäesch Direktiv kënnt, dat fannen ech awer e bëssen - ech weess net - net ganz logesch politesch!

Dofir wär ech der Meenung, esou hunn ech de Minister verstanen, oder den Här Roth hunn ech verstanen, pardon, fir den éischten Tiret ze sträichen an dann awer d'Netzneutralitéit an eng Motioun à l'égard vun der Regierung ze soen, well d'Regierung jo konfrontéiert gëtt dermat iergendwann an der nächster Zäit - hunn ech awer gehéiert vu Leit, déi et misste wëssen -, dass do e véierte Paquet Télécom kënnt, an do kann een dann déi Netzneutralitéit um europäesche Plang drasetzen.

An deem europäesche Plang ass fir e Maart wéi Lëtzebuerg, deen och interesséiert ass, fir en oppene Maart ze sinn, dann awer vläicht méi wichteg wéi elo eng national Législatioun, déi implizit déi Netzneutralitéit garantéiert.

Merci.

► **M. le Président.**- Gutt. Den Här Minister, wann ech gelift.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Communications et des Médias.**- Här President, ech mengen, ech muss hei - une fois n'est pas coutume - dat zesummebréngen nach eng kéier, wat zesumme war an amgaangen ass auserneenze-goen.

Ech mengen, datt mer eis eens sinn heibannen, och opgrond vun deem, wat ech nogelauschtert hunn, datt mer keng national Gesetzgebung mat Detailer maachen, well mer ënner anerem um Beispill vun Holland an anere gesinn hunn, datt den Detail, datt dat schweier ze reglementéieren ass.

Den zweete Punkte ass: Mir sinn eis eens, datt de Prinzip vun der Netzneutralitéit wichteg ass.

Drëtte Punkt ass dann: Schreift een à ce stade just dee Prinzip an - wou den Här Berger virdru gesot huet, vum Prinzip kann ee sech zwar net vill kafen -, mä wann et e politesche Konsensus ass, datt ee just dee Saz - dat wär ee Saz! - iergendwou soll draschreiwene, do hunn ech gesot: „Domadder kann ech liewen.“ Dat ass net contraire zum Rapport. De Rapport seet, datt - dat ass och d'Positioun vun der Regierung -, datt dat kee Sënn mécht, dat national ze reglementéieren. Do sinn ech also mam Här Fayot ganz d'accord. D'Fro ass also just - dat kann een och der Regierung iwwerloossen -, ob een deen ee Saz do draschreift.

Wann Der awer d'Motioun unhuet, dann, mengen ech, muss een och rappeléieren an iergendengem Tiret: «considérant la position constante du Gouvernement» fir sech fir d'Netzneutralitéit anzesetzen. Well et ass jo net haut de Mëtten eréischt, wou d'Regierung zu eppes opgefuert gëtt, wat se scho laang an der Vergaangenheet, souwuel am Paquet Télécom wéi och a politeschen Diskussiounen a virun allem och an der Strategie ultra-haut débit schonn affirméiert huet.

Duerfir mengen ech, d'Fro ass also just déi, ob ee just deen ee Saz vum Prinzip aschreift oder ob een och do emol waart, bis déi Propositione vun der Europäescher Kommissioun do-leien. Ech ka mat béidem liewen. Ech sinn, wéi gesot, géint eng Législatioun, mä ech kéint mat deem Saz, wann deen an d'Gesetz just misst geschriwwen ginn, d'accord sinn. An esou hat ech och d'Kollege vun der grénger Fraktioun verstanen.

► **M. le Président.**- Gutt. Elo kritt den Auteur vun der Motioun d'Wuert, fir dozou Positioun ze huelen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Här President, ech mengen, ech sinn nach ni esou gutt verstane gi vun engem Minister wéi haut.

(Interruption)

An ech sinn es wierklech frou. Et ass genau dat do: Ob mir dat elo wëllen oder net, léif Kollegeginnen a Kollegen, dat ass eis Décisioun. Ech gesinn de Widdersproch zu deem, wat am Rapport steet. Ech hat et gesot: Ech mengen, de Rapport ass einfach méi wäit gaangen.

Wëlle mer eng spezifesch Législatioun zu Lëtzebuerg? An do ass e Konsens, och vun der grénger Säit: Neen, wëlle mer eigentlech net! Bei eis wier dann ebe just dat - an ech kann et net besser soe wéi den Här Minister: Wa mer alleguerten eis eens sinn, datt de Prinzip vun engem „open“ oder neutralen Internet wichteg ass, ma da kommt, mer maachen et einfach als Prinzip, als Upak an d'Gesetz! Domat kënne mer eis dann zu Bréssel gutt verkafen, mir kënne och intern... Well de Minister seet et selwer a mir wëssen dat och, datt an dem Strategiepabeier vun der Regierung dat och steet, hei ass dann an eisen Äen eng Verstärkung vun deem Prinzip.

Dat seet den Här Berger richteg: „Dovu kënne mer eis net alles kafen.“ Mä trotzdem, et ass

eng Prinzipäibekundung, vun där mir mengen, datt et géif Sënn maachen, fir dat festzehalen.

► **M. le Président.**- Gutt. Jo, elo kritt emol nach eng kéier...

(Interruption)

Elo kritt emol nach eng kéier den Här Urbany - well deen hat nach net d'Geleeënheet, Positioun ze bezéien - d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo, Här President, wéi ech elo hei déi verschidden Interventiounen héieren hunn an och déi vun deem Kolleg, deen déi Motioun hei déposéiert huet, muss ech soen, sinn ech awer guer net méi d'accord...

(Hilarité)

...mat där Motioun hei! Well ech fanne wierklech... Ech hu virdru gesot: Ech ënnerstëtze se, wa se an engem gesetzleche Kader déi Garantie bréngt, déi noutwendeg sinn, déi gefuert sinn, déi och vun den Experten agefuert sinn, dat heescht: eng Regulatioun vun deem Zougang zum Internet am Sënn vun enger wierklecher Garantie fir d'Neutralitéit vum Internet. Dat ass awer nun net garantéiert, wa mer einfach nëmmen e Prinzip draschreiwene. Wa mer einfach nëmmen e Prinzip draschreiwene, dat dréit net ganz vill zum Débat bäi.

An ech fannen och, den Här Adam huet virdru ganz kloer erkläert, firwat mer eng gesetzlech Basis brauchen. Ech sinn do ganz d'accord mat him. Mä dat spigelt sech awer dann net an där Motioun hei erëm, muss ech awer soen, wann dat den Esprit vun där Motioun ass, esou wéi mer en elo just erkläert kritt hunn.

Ech wäert mech da wahrscheinlech enthalten.

► **M. le Président.**- Ech géif lech awer elo bieden, net nach eng kéier mat der Diskussioun unzeefänken. Ech hu verstanen, datt de Minister bereet ass, déi Motioun esou unzehuelen.

► **Une voix.**- Den Här Berger.

► **M. le Président.**- Den Här Berger dann nach ganz kuerz.

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.**- Jo, just e kuerzt Wuert, well den Här Fayot huet gemengt, dat géif komesch maachen, wann de Rapporteur géif herno eng aner Meenung hunn hei bei der Motioun. Neen, guer net! Ech mengen, et ass elo grad, wann een dem Här Frieden an dem Här Adam nach eng kéier nogelauschtert huet, mir haten am Rapport eis déi Fro gestallt respektiv analyséiert, ob ee wierklech e spezifesch Gesetz mat enger ganzer Rei Detailer sollt maachen. An do war eigentlech déi do Fro ni opkomm. Hei ass en neie Moment.

An ech hat och scho gesot: Wann den Här Adam dat proposéiert gehat hätt, déi Iddi, an der Kommissioun, dann hätte mer eis och domadder beschäftegt. Nëmme fir ze soen, datt mir déi Motioun also hei och als DP kënne stëmmen. Mä déi geet natierlech net esou wäit wéi dat, wat den Objet vum Rapport war. An ech mengen - fir et och nach eng kéier ze widerhuelen -, datt dat ëmmer gutt steet herno am Gesetz, mä wat kann ee sech konkret dovunner kafen?

► **M. le Président.**- Gutt! Ech hu verstanen, datt ausser dem Här Urbany jiddwereen also mat där Motioun d'accord ass, datt ech déi kann à main levée zum Vote stellen.

Vote sur la motion 1

Wien ass also domadder d'accord?

Wien ass do dergéint?

A wien enthält sech?

Déi Motioun ass also mat der Enthalung vun Här Urbany ugeholl, an domadder wäere mer och um Enn vun der Diskussioun iwwert dese Punkt.

Eisen nächste Punkt ass eng Orientéierungsdebat iwwert déi grenziwwerscheidend Mobilitéit. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeloecht. An et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Boden, Etgen, Adam, Gibéryen, Henckes an Urbany. Als Éischt héiere mer den Här Roland Schreiner als Vertrieeder vun der LSAP-Fraktioun, déi dës Debatt ugefrot huet. Den Här Schreiner huet d'Wuert.

2. Débat d'orientation sur la mobilité transfrontalière

Exposé

► **M. Roland Schreiner (LSAP).**- Merci, Här President. Här Minister, léif Kollegeginnen a Kollegen, d'Froe ronderëm d'Mobilitéit vun de Leit spillen ouni Zweifel eng zentral Roll, wa mer iwwert déi zukünftige Entwécklung vun eiser Gesellschaft schwätzen. D'Mobilitéit ass e Grondbedürfnis vum Mënsch an ass haut eng

wichtig Virussetzung fir d'sozial Organisatioun an déi wirtschaftlech Entwécklung.

(Mme Lydia Mutsch prend la présidence.)

Dobäi geet et net nëmmen drëm, fir d'Liewensqualität ze verbessern an d'Mobilitätsbedürfnisser vun de Leit, déi bei eis wunnen a schaffen, ze befriddegen, mä et geet och drëm, mat enger Reduzéierung vun den CO₂-Emissiounen eis Klimaschutzziler ze erreechen. Mir brauchen also eng Transportstrategie, déi allen Erausforderungen a puncto Mobilitéit an engem regionalen, an engem nationalen an an engem grenziwwerscheidende Kontext Rechnung dréit.

Méi wéi 170.000 Fraen a Männer kommen all Dag aus eisen Nopeschlänner Frankräich, Däitschland an der Belsch op Lëtzebuerg schaffen. Dass Lëtzebuerg op dës Aarbechtskraaft an den domadder verbonnenen Know-how ugewisen ass, ass gewosst. Déi grenziwwerscheidend Mobilitéit ass also e ganz wichtige Facteur fir déi weider wirtschaftlech, sozial a kulturell Entwécklung vun eisem Land, mä net nëmme vun eisem Land, well déi ganz Groussregioun wüsst ëmmer méi zu engem gemeinsamen Aarbechtsmaart zesummen, an deem ëmmer méi Grenzpendler dagdeeglech hir Aarbechtsplaz opspichen.

Mir bekannte Schätzungen no maachen dat haut ronn 90% mat hirem Auto an nëmmen 10% benotzen d'Bunn oder de Bus. E Bléck op eis Stroosse geet duer, fir dat ze gesinn. Kilometerlaang Stauen op eisen Autobunnen an anere Stroossen an och an der Grenzregioun belaschten net nëmmen d'Ëmwelt, mä och de private Portmonni an d'Wirtschaft; vun der nervlecher Belaaschtung fir déi concernéiert Leit guer net ze schwätzen.

Mir hunn also hei en „modal split“, deen absolut net den Objektiv gerecht gëtt, déi d'Regierung sech zu Recht gesat huet, nämlech an de Froe vun der Mobilitéit den öffentlichen Transport weider auszebauen, mat dem schinnegebundene Verkéier als Réckgrat. Jorzéngteleaang gouf massiv an den Ausbau vum Stroossennetz investéiert an den Zuch als Transportmittel behandelt, wéi wann et en Auslafmodell wier.

D'Politik huet laang Zäit all Efforten dorobber konzentriert, dass ee méiglechst komfortabel iwwerall mam Auto hikiéi an dass iwwerall genuch Parkplazen zur Verfügung sténgen. Dës Regierung an och déi viregt hu sech zum Zil gesat, fir e Richtungswissel an dëser Politik an d'Wee ze leeden. An dat ass och richtig esou. Mir stellen awer fest, dass mer nach laang net do sinn, wou mer hiwëllen. An dofir muss den Ausbau vum öffentlichen Transport ganz kloer eng prioritär Roll an der zukünftiger Verkéiersa Mobilitätspolitik spillen, hei am iwwert d'Grenzen ewech. An do hu mer nach e ganz groussen Nohuelbedarf.

Et muss een och wëssen, dass d'Konkurrenz tëscht deene verschiddene Verkéiersträger op ënnerschiddleche Prämissen opbaut. Wann een zum Beispill wëllt mam Auto - fir dat einfach emol eng kéier ze illustréieren - vu Bitburg via Lëtzebuerg op Metz fueren, da kann een dat ouni iergendeng technesch an administrativ Hürd ouni Problem maachen. Iwwert d'Schinn ass esou en Trip vill méi komplizéiert. Hei hunn déi politesch Grenzen nach hir reell Auswierkung. D'Ofstëmmung vun de Fahrpläng klappt oft net. Derbäi komme ganz oft technesch Inkompatibilitäten. Mä och déi ënnerschiddlech Zoustännegkeete bei de Verwaltungen an öffentlichen Transportentrepris maaichen den Ausbau vum öffentlichen Transport iwwert d'Grenzen ewech net méi einfach.

Mat esou Hürden ass et natierlech schweier, e leeschtungsfaeg an attraktivt Ugebuet an der Regioun ze schaffen. Verbesserung sinn also noutwendeg, wa mer net wëllen an der Regioun beziéungsweis an der Groussregioun kuerz- bis mëttelfristeg an den eisebunnspoliteschen Abseits geroden.

Déi aktuell Organisatioun vum öffentlichen Transport an der Grouss- an an der Grenzregioun ass defizitär op villen Niveauen: bei den Infrastrukturen, bei den Investissemeter, bei de Strukturen, bei de Fahrpläng, bei den Tarifier an och bei der Informatiounspolitik. Dobäi wësse mer, dass, wann d'Ugebuet stëmmt, d'Leit och bereet sinn, vum Auto op den öffentlichen Transport ëmzeklappen.

Wat sinn d'Prämissen dofir? D'Offer muss de Besoinen entspriechen, den Usager muss op eng schnell an einfach Aart a Weis u seng Informatiounen kommen, d'Reeszäiten dierfen net méi laang si wéi déi mam Auto, d'Ëmklappen ënnerwee, och wann et sech net ëmmer vermeide léisst, muss wa méiglech op e Minimum reduzéiert ginn, d'Material muss bequem sinn an de Präis muss abordabel sinn. Dat heescht, den Usager vum öffentlichen Transport muss d'Convictioun hunn, dass d'Präis-Leeschtungs-Verhältnis stëmmt.

Alles dat klappt awer an der Regel haut net. Mir brauchen also a puncto Attraktivitéit, Qualitéit, Organisatioun an Infrastrukturen e Qualitäts-sprong am öffentlichen Transportwiesen, wa mer eist ugestriefent Zil wëllen erreechen. Qualitativ gutt Verbindungen mam öffentlichen Transport zu de Stied an de Wirtschaftszentren bei eis an an der Groussregioun sinn eng Virussetzung fir d'Wirtschafts- an d'Kompetitivitéitsfaegkeet, awer och d'Zesummewuesse vun an an der Groussregioun.

An hei huet den öffentlichen Transport nach ganz vill Potenzial. A wann et eis geléngt, och nëmmen en Deel vun de Frontalieren ze motivéieren, op den Zuch oder de Bus ëmzeklappen, sinn eis Chancen, den affichéierten „modal split“ vu 25/75 ze erreechen, e gutt Stéck méi grouss.

Här President, de Minister vun der Nohaltegkeet huet d'lescht Joer en allgemengt Verkéierskonzept, de MoDu - Mobilité durable - virgeloecht, dee ganz sécher seng Méritten huet, deen eng integrativ Mobilitätsstrategie mam schinnegebundene Verkéier als Réckgrat definiert, dee mer begrëssen an ënnerstëtzen an deen och d'Verkéiersopkommes aus eisen Nopeschlänner mat berücksichtegt.

Dese Verkéierskonzept beäntwert awer vill Froen net a mécht och eigentlech keng konkret Propositione fir eng kohärent an innovativ Verbesserung vun der grenziwwerscheidender Mobilitéit, déi een awer net vun engem nationale Verkéierskonzept kann trennen. Dofir ass et och wichtig, dass mer och emol bei eis eis eegen Hausaufgabe maachen an déi néideg Capacitéite schaffen, fir dass de grenziwwerscheidende Verkéier och op eiser Säit fonctionéiert. Mir müssen also weider konsequent virun allem och emol an eis eegen Infrastrukturen investéieren.

Ech froen do manner nom Ausbau vun der A3 op sechs Spuren, well ech mengen, dass d'Autobunns- an d'Stroossennetz an der Groussregioun gutt entwéckelt a vernetzt ass, mä déi zwee wichtegst Projeten, déi hei ustinn, si sonner Zweifel den Ausbau vun der Beeteburger Zuchstreck op véier Gleiser an de Bau vun der Trambunn duerch d'Haaptstad. Projeten, déi, wéi virdru scho gesot, a kengster Weis vun der Mobilité transfrontalière, déi haut hei zur Debatt steet, ze trenne sinn, jo, déi souguer e ganz wichtigen Deel dovunner sinn.

Grad wéi och, fir eis Begrëffer, déi geplangte Linn vun der Stater Gare op de Findel an de Kierchbiere iwwert den Cents an dësem Kontext ganz wichtig wier, well hei ëmsteigfräi Verbindungen op e bedeitende Wirtschaftszentrum, de Kierchbiere, kéinte geschafe ginn. De geplangten Arrêt ënnert der Rouder Bréck ass do sécher keen Ersatz. Leider steet dës Linn net méi zur Diskussioun.

D'Gesetzesprojete fir d'Beeteburger Zuchstreck an den Tram vun der Stater Gare bis op de Kierchbiere a spéider op de Findel müssen onbedéngt esou séier wéi méiglech an déi parlamentaresch Prozedur goen, wa si nach an dëser Legislatur solle gestëmmt ginn. Et sief och hei drun erënnert, dass de Minister Wiseler, wann ech dat richtig an Erënnung hunn, emol versprochen hat, dass mam Bau vum Tram nach virun den nächste Wahlen géif ugefaange ginn.

An deem...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat hat dee Minister virdru schonn eng kéier versprochen!

► **M. Roland Schreiner (LSAP).**- Jo, et ass scho vill...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Kommt, mir loosse et bei der Tradition.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Alt wieder!

► **M. Roland Schreiner (LSAP).**- D'Wahlen kommen. An deemselwechte Kontext gëtt et och héich Zäit, dass de Plan sectoriel „Transports“ endlech an d'Prozedur geet. Ech mengen, de sektorielle Plang am Transportbereich ass och wichtig, fir hei Planungssécherheet ze kréien, an dat och am grenziwwerscheidende Kontext.

Här President, et sinn an deene leschte Jore ganz vill Efforten, an ech wëll dat awer och ënnersträichen, ganz vill Efforten op Lëtzeburger Säit gemaach ginn, fir eis Infrastrukturen ze verbessern. Ech denken un d'Streck op Klengbetten oder déi op Waasserbëlleg, wou jo nach Aarbechte geplangt sinn. Mir sinn eis natierlech bewosst, dass mer, wa mer vun engem grenziwwerscheidenden Transport schwätzen, all déi Froe ronderëm déi grenziwwerscheidend Mobilitéit net eleng hei zu Lëtzebuerg kënne léisen. Et ass also dofir wichtig, dass mer alles